und Ihnen von Oben herab diktieren, was am Besten für sie ist. Die DP steht vielmehr für einen neuen Politikstil, der auf die Bürger zugeht und sie partizipieren lässt. Die DP ist deshalb die Stimme derjenigen Bürger, die in einen konstruktiven Dialog und Austausch mit der Politik treten wollen. (...) Wir wollen, dass jeder aktiv am öffentlichen Leben partizipieren kann und sich aktiv in unsere Gesellschaft einbringen kann."

Här President, dat doten ass net dat, wat mer an deene leschte Wochen erlieft hunn. Mir denken, datt déi Petitiounsprozedur, déi mir ënnerstëtzen, misst méi eescht geholl ginn an datt mer och aus deem Grond sollten iwwer e Referendum diskutéieren, esou wéi den Här Reding et virgeschloen huet, ier mer op d'Diskussioun vum Tram elo kommen.

Et ass schued, datt mer an den Diskussiounen heibannen an op anere Plazen héieren, datt elo déi Petitiounsprozedur, déi jo awer vill Succès kennt, duerch déi Zuel vu Petitiounen an déi Zuel vu Leit, déi sech engagéieren duerch hir Ënnerschrëft, eventuell soll reformëiert ginn an eng Richtung, fir de Seuil vun Ënnerschrëften nach méi héich ze leeën oder de Champ d'application anzeschränken. Esou Diskussioune gëtt et. Déi zwou Entwécklunge géife mir refuséieren, well et schonn nees eng Aschränkung vu genee där Participatioun ass, déi awer vill Leit heibanne wëllen.

Eis Propositioun dofir, Här President, ass, haut den Tram vum Ordre du jour erofzehuelen a fir d'Éischt iwwert dem Här Reding seng Proposition de loi ze diskutéieren. Mir hate Präzedenzfäll an der Chamber, wou dat och schonn de Fall war, wou mer Saachen, déi zesummegehéieren, och zesummen diskutéiert hunn. Dat wor zum Beispill de Fall wou mer iwwert d'Euthanasie geschwat haten, wou mer och dann iwwert d'Palliativmedezin gläichzäiteg geschwat hunn, well dat zesummegehéiert. Hei denke mir, mir kënnen net déi Diskussioun iwwert den Tram onofhängeg gesi vun där Diskussioun iwwert d'partizipativ Demokratie an de Referendum.

Ee lescht Wuert: Et gëtt Leit, déi mengen, mir kéinten iwwert d'Bauprojete keng Referenden halen. Mir soen, e Bauprojet, deen iwwer eng Milliard kascht, deen dat ganzt Land finanziell belaascht an deen eise Verkéiersproblem net léist, mä verschlëmmert, och dee gehéiert an eng Referendumsprozedur.

Ech soen Iech Merci.

M. le Président.- Merci dem Här Kartheiser. Ech hunn e kloren Antrag zu der Dagesuerdung. Ass gewënscht, fir dozou Stellung ze huelen?

(Négation)

Wann dat net de Fall ass, géife mer direkt zum Vote iwwergoen. Ass de Vote électronique gefrot oder kënne mer dat mat Handophiewe maachen?

Vote sur la proposition de modification de l'ordre du jour

Wien dermat d'accord ass, fir den Ordre du jour ze änneren, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Wien dergéint ass, ass gebieden, d'Hand ze hiewen.

Ech mengen, dat Ofstëmmungsergebnis ass kloer. Da géif ech deen doten Antrag als ofgelehnt ugesinn an den Ordre du jour bleift - jiddefalls op deem dote Punkt - esou wéi e virgesi war.

Ech hunn eng aner Wuertmeldung zum Ordre du jour, dat ass déi vum Här Justin Turpel. Dir hutt d'Wuert, Här Turpel.

5. Dépôt d'une motion par M. Justin Turpel

Exposé

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Ech wollt proposéieren, eng Motioun kënnen ze diskutéieren, déi ech um Chambersbüro ofginn hunn an déi sécherlech dann nach ka verdeelt ginn.

Et geet ganz einfach dorëms, datt vu leschte Sonndeg un zu Lëtzebuerg eng „Marche pour la Liberté" ukomm ass. Déi Marche pour la Liberté setzt sech zesummen aus Flüchtlingen aus dem ganze Mëttelmierraum.

Déi Marche pour la Liberté ass den 18. Juni (veuillez lire: den 18. Mee) zu Kehl un der Grenz fortgaangen, bei Stroossbuerg, an déi Leit, déi ginn ze Fouss op Bréissel en vue vum Sommet vum 26. a 27. Juni zu Bréissel, fir de Sommet ze interpelléieren par rapport zu der Immigratiounspolitik, iwwert déi a leschter Zäit eng ganz Rei Diskussioune waren, och am Europaparlament an och op anere Plazen.

Et geet ganz einfach dorëms, datt eng Immigratiounspolitik, also eng Flüchtlingspolitik, esou wéi se de Moment applizéiert gëtt an Europa, ronderëm verschidden Ausleeunge vu Schengen, vu Frontex, datt déi onmënschlech ass an datt déi Leit wierklech déi Problemer genee opwerfen, déi sech fir Milliounen oder Honnertdausende vu Flüchtlingen, Millioune vu Flüchtlinge stellen.

Si si leschte Sonndeg zu Schengen iwwert d'Grenz komm op de lëtzebuergeschen Territoire; Schengen och aus evidente symbolesche Grënn, well Schengen déi duebel Connotatioun huet: fir vill Leit ee Raum vu fräier Zirkulatioun a vu Fräiheet an Europa, a fir vill aner Leit, an dozou gehéiere si och evidenterweis, eng Festung, déi ville Leit net erlaabt, fir sech kënnen an Europa eranzebewegen, mat der Konsequenz, datt d'Politik vun der „Festung Europa" bis elo scho fäerdegbruecht huet, datt 17.000 Flüchtlingen am Mier einfach erbäermlech ersoff sinn, amplaz datt se gehollef konnte kréien.

De Sënn vun der Motioun, déi Der verdeelt kritt, ass deen, fir datt mer eis Regierung géifen interpelléiere ronderëm déi Problematik, fir bei dem Sommet vum 26., 27. Juni zu Bréissel där Problematik Rechnung ze droen. Dee Sommet gëtt sech of mat der Programmation législative et opérationnelle dans l'espace de liberté, de sécurité et justice vun deenen nächste fënnef Joer. An et ass net fir näischt, dass si dohinner ze Fouss ginn. Se si bis de Freideg hei am Land. An ech géif et gutt fannen, wann dës Chamber hir Präsenz zu Lëtzebuerg géif notzen, fir do e symboleschen, awer och e reellen Appell ze maachen un eis Regierung, fir am Conseil européen de 26. a 27. Juni fir d'Verstäerkung vun de Mënscherechter och vun de Migranten a Flüchtlingen anzetrieden.

Dofir géif ech proposéieren, wann Der d'accord sidd, dee Punkt op den Ordre du jour ze huelen. D'Motioun géif verdeelt ginn. Wa mer se diskutéieren, musse mer kucken, wa se esou okay ass, kéinte mer se dann unhuelen. Wann do Saachen ze ännere wieren, wier ech och d'accord, datt mer se dee Moment, wa jiddweree se konnt kucken, eventuell an déi zoustänneg Kommissioun géife verweisen. Mä an dësem Punkt geet et jo elo emol drëms, datt mer et iwwerhaapt op den Ordre du jour setzen.

An ech géif Iech Merci soen och am Intérêt vu ville Leit, déi d'Méiglechkeet net hunn, fir fir sech selwer ze schwätzen, fir dat unzehuelen.

Motion

La Chambre des Députés,

- considérant la «Marche pour la Liberté 2014» qui passe actuellement par le Luxembourg et regroupe une centaine de réfugiés réclamant une révision de la politique migratoire répressive de l'Union européenne;

- considérant que cette marche se dirige vers le Conseil européen qui se tiendra à Bruxelles, le 26 et 27 juin, afin d'interpeller les dirigeants européens par rapport à la crise humanitaire qui s'accentue depuis des années aux larges de la Méditerranée et qui a coûté la vie à des milliers de réfugiés et de migrants tentant le passage hautement dangereux vers l'Europe en espérant y trouver de l'aide et de la protection;

- considérant l'arrêt de la Cour européenne des Droits de l'Homme du 23 février 2012 condamnant la pratique du refoulement de réfugiés interceptés sur haute mer par les autorités d'un pays membre de l'UE vers des pays tiers;

- considérant que le Conseil européen du 26 et 27 juin à Bruxelles définira la programmation législative et opérationnelle dans l'espace de liberté, de sécurité et justice et qui établira un nouveau cadre stratégique notamment en matière de politique de réfugiés remplaçant le programme de Stockholm;

invite le Gouvernement

- à intervenir lors du Conseil européen du 26 et 27 juin aux fins de renforcer les droits fondamentaux des réfugiés et migrants.

(s.) Justin Turpel.

6. Ordre du jour (suite)

M. le Président.- Merci dem Här Turpel. Ech wollt vläicht proposéieren, dass d'Chamber déi Motioun ausgedeelt kritt an dass mer dann, wa jiddwereen à même ass, sech doriwwer auszeschwätzen, géifen décidéieren, wéini dass mer drop zréckkommen. Ech mengen, et muss een awer jiddwerengem d'Geleeënheet ginn, fir et ze liesen.

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- D'accord. Merci.

M. le Président.- Sidd Der domat d'accord?

(Assentiment)

M. Justin Turpel *(déi Lénk)*.- Merci.

M. le Président.- Da wollt ech just zum Ordre du jour nach eng Prezisioun ginn. Ech wollt d'Chamber drop hiweisen, dass no Récksprooch mat de Fraktiounspresidente beim Projet iwwert den Tram, wat en fait zwee Projete sinn, eis Presidenten dermat d'accord waren, fir der Madame Rapporteur eng gewësse Flexibilitéit ze ginn. Ech wëll soen, dass déi Flexibilitéit sech da selbstverständlech och bei deenen anere Kolleegen erëmfënnt, wa bei deenen engen oder aneren déi eng oder déi aner Minutt géif feelen.

Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum éischte Projet vun eisem Ordre du jour kommen. Den Ordre du jour ass jo esou akzeptéiert, wéi en elo ass?

(Assentiment)

Merci.

Da géife mer zum Projet de loi 6514 iwwergoen, wou et ëm d'Cyberkriminalitéit geet. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht a bis elo hu sech ageschriwwen: déi Häre Gilles Roth, Franz Fayot, d'Madame Viviane Loschetter, déi Häre Fernand Kartheiser a Serge Urbany. D'Wuert huet elo direkt den honorabele Rapporteur, den Här Guy Arendt.

7. 6514 - Projet de loi portant:

1) approbation de la Convention du Conseil de l'Europe sur la cybercriminalité ouverte à la signature à Budapest le 23 novembre 2001,

2) approbation du Protocole additionnel à la Convention sur la cybercriminalité, relatif à l'incrimination d'actes de nature raciste et xénophobe commis par le biais de systèmes informatiques, fait à Strasbourg le 28 janvier 2003,

3) modification du Code pénal,

4) modification du Code d'instruction criminelle,

5) modification de la loi modifiée du 30 mai 2005 concernant la protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques

Rapport de la Commission juridique

M. Guy Arendt *(DP), rapporteur.*- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleegen, de Projet de loi, zu deem ech haut de Mëtten de Rapport maachen, ass den 12. Dezember 2012 vum deemolege Justizminister déposéiert ginn. Et geet dobäi ëm d'Approuvéieren, éischtens, vun enger Konventioun vun der OCDE zur sougenannter Cyberkriminalitéit, déi den 23. November 2001 zu Budapest ënnerschriwwe ginn ass, an, zweetens, vun engem Protokoll zu dëser Konventioun zu rassisteschen an auslännerfeindlechen Akten, déi iwwert déi informatesch Systemer stattfannen, deen den 28. Januar 2003 zu Stroossbuerg ënnerschriwwe gouf.

Dir gesitt, datt mer net déi Fläissegst woren, fir dës zwee Dokumenter a Lëtzebuerger Recht anzeféieren. A wann ech mer eng Klammer dierf erlaben: D'Presidentin vun dem Conseil de l'Europe huet mer un d'Häerz geluecht, dass nach eng ganz Partie Konventiounen net ratifizéiert wären, an de President hätt eng Lëscht dovunner. Ech géif mengen, dass mer déi da géifen an nächster Zäit ënnert d'Lupp huelen, fir dann dee Moment déi Konventiounen ze ratifizéieren. Mir sinn och iwwregens fir eise Retard vum Conseil de l'Europe, der EU an der UNO ënner Drock gesat ginn, fir dës Texter endlech ëmzesetzen.

An anere Wierder: Op dëser Plaz diskutéiere mer iwwert d'Verstäerkung vum Kampf géint kriminell Akten, déi iwwert den Internet exekutéiert ginn. D'Chambre de Commerce huet hiren Avis zum Gesetzesprojet de 27. Februar 2013 eraginn. Dem Statsrot säin Avis datéiert vum 16. Abrëll 2013. D'Commission juridique huet an hirer Sëtzung vum 17. Abrëll vum leschte Joer den Här Gilles Roth zum Rapporteur ernannt an de Gesetzesprojet zousätzlech den 8. an de 15. Mee examinéiert. De 5. Juni 2013 sinn eng Rei Amendementer an der Kommissioun ugeholl ginn. Den 12. November 2013 huet de Statsrot du säi complémentairen Avis zum Gesetzesprojet eragereecht.

No de virgezunnene Wahle vum 20. Oktober 2013 ass d'Kommissioun de 5. Dezember 2013 nei besat ginn. Den 22. Januar 2014 huet dës Kommissioun mech zum Rapporteur nominéiert. De 26. Februar vun dësem Joer huet d'Commission juridique den Avis complémentaire vum Statsrot analyséiert, ier se den 19. Mee nei Amendementer guttgeheescht huet. Den zweeten Avis complémentaire ass de 4. Abrëll vum Statsrot ugeholl ginn a gouf den 23. Abrëll 2014 an der Kommissioun examinéiert. De schréftleche Rapport gouf dunn den 28. Mee an der Kommissioun unanime ugeholl.

Här President, den Internet an déi sozial Netzwierker hunn an de leschte Joren zu enger Entwécklung gefouert, déi eis Gesellschaft zu engem gudden Deel verännert huet. Haut lafen d'Relatiounen tëschent de Leit net nëmmen of, andeems sech Mënschen an engem Face-à-face gesinn, andeems se mateneen telefonéieren oder sech Bréiwer schreiwen, mä haut verstännege sech d'Leit ëmmer méi per E-Mail, SMS, iwwer extra Programmer op hirem Handy an iwwer Messagen, déi se an de sozialen Netzwierker posten an deelen.

Et ass dësen Deel vun eise gesellschaftleche Relatiounen, deen ee mam Wuert „cyber" a Verbindung bréngt. Wann dës relativ nei Technologië vill Virdeeler hunn an d'Leit nach méi no beienee brénge kënnen, esou bidde sech awer och nei Méiglechkeete fir kriminell Aktivitéiten, déi eiser Virstellung vun engem normalen a friddlechen Zesummeliewe sécher net entspriechen an och net eise Prinzipie vun Dateschutz a vu Persouneschutz.

Et ass definitiv eng nei Form vu Kriminalitéit entstanen. Et geet haut de Mëtten drëms sécherzestellen, dass och dës Forme vu Kriminalitéit erkannt a bestrooft ginn, well och si sinn net ze vereinbare mat enger Gesellschaft, wou d'Rechter vum Eenzelne geschützt ginn. Leider ass et awer esou, dass d'Technik de Gesetzer ëmmer e Stéck viraus ass. Mir mussen also als Législateur vill méi prompt op déi Evolutioune reagéieren.

Ënnert dem Term „Cyberkriminalitéit" versteet een all déi kriminell Aktivitéiten, déi am Computerberäich geschéien. Dat kënnen ënner anerem Praktike sinn, duerch déi ee versicht, sech en illegalen Accès op informatesch Donnéeën ze verschafen, wou d'Täter esou Donnéeën interceptéiere wëllen zu deem Moment, wou ee Benotzer seng Korrespondenze weiderschéckt.

Dat bescht Beispill ass, wann Der Äert Passwuert beim Onlinebanking agitt an Der dat da geklaut kritt. En anere Fall vu Cyberkriminalitéit ass d'Praktik, ze versichen, Donnéeën ze läschen, andeems ee sech an en informatesche System eranhackt oder aneschters gesot illegal an e Computer eraschläicht.

Et geet awer hei och ëm Kannerpornografie, déi iwwert den Internet verbreet ka ginn; intellektuell Propriétéit, déi net berücksichtegt gëtt, wat zum Beispill beim Problem vum illegalen Downloade vu Musek a Filmer de Fall ass; dem Benotze vu falschen Identifianten, wat bei sozialen Netzwierker dozou féiere kann, dass et net kloer ass, wien, wat kommunizéiert huet.

E klassescht Beispill sinn déi Leit, déi rassistesch Commentairen op engem sozialen Netzwierk maachen, an et kann net sinn, dass déi Persoune sech hanner engem falschen Numm verstoppen, fir net bestrooft ze ginn. Leider awer ass d'Usurpatioun vun enger Identitéit extrem heefeg. Ouni op dëser Plaz weider an Detailer ze goen, mengen ech, gesi mer all, wéi eng nei Zort vu Kriminalitéit déi nei Technologien erlaben.

Ech wëll awer nach kuerz op de Phenomeen vum sougenannten „Phishing" agoen. Et handelt sech dobäi ëm en Akt, woubäi ee Kriminelle sech perséinlech Donnéeë verschaaft, wéi zum Beispill e Passwuert oder eng Kreditkaartennummer, an déi da benotzt, fir sech eng nei Identitéit ze ginn an Är Identitéit ze usurpéieren. Dir mengt, mat engem richtege Korrespondent ze communiquéieren, mä et ass a Wierklechkeet e Kriminellen, deen Är Donnéeën zu kriminellen Zwecker notzt. Dat wär ënner anerem de Fall, wann d'Passwuert vun Ären E-Maile matgelies géif ginn an de Kriminellen doropshin an Ären E-Maile kéint liesen an neier verschécke kéint. Dat gëtt och d'Méiglechkeet, fir Virussen oder Trojaner ze verschécken an domat Ären an Äre Korrespondenten hire Computer unzestiechen.

Et muss een och nach bemierken, dass dës Form vu Kriminalitéit guer keng Grenze kennt, wat also déi international Kollaboratioun extrem wichteg mécht. D'Problematik vun der Criminalité informatique méi generell, och am Beräich vu méi schnelle Prozeduren an Iwwerwaachungsmechanismen, gëtt nach net an dësem Projet behandelt.

Här President, an dësem Kontext geet et de Mëtten drëms, wéi scho gesot, d'Konventioun vum Conseil de l'Europe iwwert d'Cyberkriminalitéit ze approuvéieren, genausou wéi den zousätzleche Protokoll zu der genannter Konventioun, déi sech mat rassisteschen a friemefeindlechen Akte beschäftegt.

Et kann een hei nach bemierken, datt eng Direktiv amgaang ass, ausgeschafft ze ginn, déi d'Texter vun der Konventioun mat den europäeschen Texter soll harmoniséieren. An eisem Gesetzesprojet ass do scho virgegraff ginn, andeems de Projet de directive schonn an eisen Text mat agefloss ass, a mir wäerten da wierklech um leschte Stand sinn.

D'Adoptioun vun deenen zwee Texter bréngt mat sech, datt verschidden Dispositioune an eiser nationaler Législatioun mussen ugepasst ginn, fir sécherzestellen, dass eis Valeuren och am Cyberberäich respektéiert ginn an dass och do de Schutz vun de Leit garantéiert ass. Dëse Gesetzesprojet soll et den Autoritéiten um Terrain méi einfach maachen, d'Täter ze identifizéieren an doropshin ze bestrofen.

Déi genannte Konventioun huet véier Kapitelen, eent zu der Terminologie, eent iwwert d'Mesuren, déi op nationalem Niveau ze huele sinn, eent iwwert déi grenziwwergräifend Kooperatioun a schliisslech nach eent zu de sougenannte Clauses finales. An deene Kapitele gëtt eng gemeinsam Terminologie vun den techneschen Terme festgehalen, grad wéi d'Strofrecht, d'Strofprozedur an d'Froen an der Entraide an der Extraditioun.

Wat de Protokoll vu Stroossbuerg ugeet, kënne mer festhalen, dass d'Bestriewungen, fir géint de Rassismus an d'Xenophobie virzegoen, groussgeschriwwe ginn. Fir Lëtzebuerg kann een notéieren, datt mir schonn eng Partie Artikelen am Code pénal hunn, déi Infraktiounen am Informatikberäich bestrofen, inklusiv déi de Rassismus betreffend. Mir brauchen also näischt un eisen Texter diesbezüglech ze änneren.

Hei zu Lëtzebuerg huet sech ufanks 2012 e Groupe de travail zesummegesat aus Magistrate vum Parquet général, vum Parquet, aus dem Cabinet d'instruction, genausou wéi Leit vun der Police an aus dem Justizministère. D'Leit vum Terrain hu virgeschloen, dass een an enger éischter Phas eis Gesetzestexter op déi genannte Konventiounen ofstëmmt, andeems ee verschidde Punkten aus dem Code pénal respektiv aus dem Code d'instruction criminelle an e puer anere Gesetzer do verännert, wou et néideg ass.

An deem Kontext huet de Statsrot a sengem Avis vum 16. Abrëll 2013 virgeschloen, dëse Gesetzestext an zwee ze deelen, op där enger Säit ee fir d'Approbatioun vun der Konventioun a sengem Protokoll, an een aneren, deen d'Dispositioune vun den Artikelen 3 bis 5 vum initiale Gesetzestext, dat heescht d'Ofännere vu verschiddenen Texter, wéi virdrun erwähnt, regruppéiere géif. Op dës Recommandatioun ass d'Kommissioun awer net agaangen.

Fir elo op de Contenu vum Projet de loi méi prezis anzegoen, ass ze soen, dass de Gesetzestext, wéi en elo proposéiert gëtt, déi klassesch Form huet, wou den éischten Artikel d'Konventioun zu der Cyberkriminalitéit iwwerdréit an den zweeten den zousätzleche Protokoll transposéiert. Den Artikel 3 modifizéiert verschidden Dispositioune aus dem Code pénal. Den Artikel 4 hëlt verschidden Änderungen am Code d'instruction criminelle vir. An den Artikel 5 bezitt sech op d'Loi modifiée vum 30. Mee 2005 zum Schutz vun der Privatsphär am Beräich vun der elektronescher Kommunikatioun.

An der Haaptsaach diskutéiere mer de Mëtteg iwwer zéng Änderungen an eiser Législatioun:

1) D'Usurpation d'identité, zum Beispill beim Phishing, gëtt zu enger autonomer Infraktioun.

2) Verschidde Strofschwelle vun Infraktiounen am Beräich vun der Cyberkriminalitéit ginn adaptéiert.

3) De Phishing gëtt an der Gesetzgebung festgehalen.

4) Infraktiounen am informatesche Beräich ginn als Infraction primaire en matière de blanchiment definéiert.

5) D'Interception illégale de données informatiques gëtt als Infraktioun agefouert.

6) Genausou wéi den Abus de dispositifs informatiques.

7) De Prinzip vum „aut dedere aut judicare" - dat heescht, datt eng Partei zu der Konventioun e Kriminellen entweder ausliwwert oder viru säin nationaalt Geriicht zitéiert - gëtt agefouert fir Infraktiounen am Beräich vun der internationaler Cyberkriminalitéit.

8) Donnéeën, déi an engem informatesche System stockéiert, traitéiert oder verschéckt ginn, ginn an d'Dispositioune vum Code d'instruction criminelle iwwert d'Perquisitiounen an d'Saisien erabruecht.

9) Informatesch Infraktioune ginn agefouert, wa se als Infiltratioun erkannt kënne ginn.

10) D'Konzept vun der schneller Datesécherung gëtt och am Code d'instruction criminelle festgehalen.

Esou gëtt duerch dësen Text ënner anerem an e puer Artikelen, déi traditionell Infraktioune betreffen, den Term „clef informatique" bäigefügt, zum Beispill wat den Abus de confiance oder d'Escroquerie ubetrëfft. Eng nei Infraktioun gouf bäigesat, an zwar d'Usurpation de nom ou d'identifiant. Des Weidere goufe verschidde Strofen harmoniséiert.

An dem Code d'instruction criminelle ginn nei Dispositioune virgesinn, fir virun oder am Kader vun enger Enquête wéinst Infraktiounen am Informatikberäich méi schnell kënne Saisien oder Perquisitiounen ze maachen.

Am Kontext vun dësem Gesetzesprojet wëll ech awer och nach op zwou topaktuell Thematiken ze schwätze kommen, déi mam Internet ze dinn hunn. Fir d'Éischt huet d'Cour de justice vun der Europäescher Unioun an hirem Arrêt vum 8. Abrëll 2014 festgehalen, dass d'Direktiv iwwert d'Conservation des données vum Europäesche Parlament a vum Conseil vum 15. Mäerz 2006 null und nichtig ass, well se zwee Grondgesetzer net respektéiert. Dëst sinn d'Recht op de Respekt vun der Privatsphär an d'Recht op de Schutz vu perséinlechen Donnéeën. D'Invaliditéit vun dëser Direktiv gëllt prinzipiell réckwierkend ab dem Datum vun hirem Akraafttrieden.

An anere Wierder gesot: Eist Gesetz, dat dës Direktiv ëmgesat huet, muss esou schnell wéi méiglech ofgeännert ginn - wou an a wat fir engem Mooss muss nach analyséiert ginn. Dee Sujet ass och schonn an der Commission juridique ugeschwat ginn, an eng Sitzung mam Minister a mam President vun der CNPD, der nationaler Dateschutzkommissioun, ass an Aussiicht gestallt ginn.

Da wëll ech awer och nach op de sougenannten Droit à l'oubli agoen, wou sech an de leschten Deeg och nach esou munches gedoen huet. An hirem Arrêt vum 13. Mee 2014 huet déiselwecht Cour de justice décidéiert, dass d'Leit ee Recht hunn, fir dass e Moteur de recherche, dat heescht, dat Instrument, wat also noutwendeg ass, fir bestëmmten Informatiounen um Internet ze sichen an ze fannen, perséinlech Donnéeën net méi uweist.

Och hei geet et erëm ëm de Schutz vun der Privatsphär. Et kann nämlech net sinn, dass esou e Moteur de recherche et jiddwerengem erlaabt, eng strukturéiert Lëscht mat perséinlechen Donnéeë vun enger beliebeger Persoun ouni hiert Averständnis ze erstellen.

Net méi spéit wéi leschte Freideg huet Google als Reaktioun op den Arrêt e Formulaire online gesat, mat deem een d'Demande ka maachen, dat engem seng perséinlech Donnéeë souzesoen „vergiess", dat heescht, an anere Wierder, geläscht ginn.

Informatiounen no gefält deen Arrêt an Amerika guer net. Mä ech fannen deen Arrêt ass gutt, esou wéi en ass. Ech mengen, och dës Mesure weist, dass mer virsiichteg mat den neien Technologien ëmgoe mussen, andeems mer den Individuum a seng Privatsphär ëmmer méi schützen.

Här President, eis Gesellschaft entwéckelt sech all Dag weider, an dat ass och gutt esou. Och d'Politik muss mat der Zäit goen. D'Thematik, iwwert déi mer de Mëtte schwätzen, ass e gutt Beispill, wéi de Législateur eis bestehend Gesetzestexter upasse muss, fir dass se de Bierger esou schützen, wéi mer dat no eise Wäerter als richteg a fair emfannen.

Déi Änderungen, déi ech lech beschriwwen hunn, sinn néideg, fir nei Forme vu Kriminalitéit klengzehalen a sécherzestellen, dass eis Législatioun mat de gesellschaftlechen Entwécklunge schratthält.

Ech wëll zum Schluss op dëser Plaz dem Justizminister an all deenen, déi aktiv un dësem Text matgeschafft hunn, Merci soe fir déi gutt Zesummenaarbecht mat der Kommissioun.

Dat gesot, a mat der Hoffnung, dass d'Chamber dësem Gesetzesprojet hir breet Zoustëmmung ausschwätzt, bréngen ech heimadder och den Accord vun der DP-Fraktioun zum virleienden Text an ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Arendt. Als éischten ageschriwwene Riedner huet den Här Gilles Roth vun der CSV d'Wuert.

Discussion générale

M. Gilles Roth *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe fir d'Éischt dem Rapporteur, dem Guy Arendt, Merci fir säi schréftlechen a mëndleche Bericht. En huet et virdrun ugedeit, dat hei ass e wichtege Gesetzesprojet, deen eigentlech wäit iwwer eng reell Upassung vu verschiddene Bestëmmungen aus eisem Droit pénal erausgeet.

Ech soen och ganz kloer: Als CSV soe mir jo zur Informatiounsgesellschaft. Déi huet eisem Land iwwert déi lescht 20, 25 Joer ganz vill bruecht. Dat ass souwuel de Fall gewiescht fir d'Banken an d'Finanzplaz, dat zielt och fir d'Wirtschaft, mä dat zielt virun allem och fir den eenzelne Bierger.

Et soll een awer och unerkennen, dass dat Ganzt net vum selwe gaangen ass. Dat ass ugaangen duerch e fulguranten Développement vun eiser SES-Satellitegesellschaft. De Relais dervun ass komm duerch d'Datebanken, duerch performant Réseauen. Et ass weidergaange mat enger ugemoossener Steiergesetzgebung bis hin zum leschte Joer, wou mer eng Upassung vum Artikel 567 aus dem Code de commerce gemaach hunn, fir eigentlech de sougenannte Cloud-Computing bei eis am Land attraktiv ze maachen.

De Rapporteur huet virdru gesot: Den eenzelne Bierger ass dagdeeglech eigentlech mat der Informatiounsgesellschaft konfrontéiert. Fir hie bedeit dat Fräiheet. Et huet een e Recht op Informatiounen. Et kann een och Informatiounen deelen, mä den Internet ouni Grenzen ass awer fir en Deel vun de Bierger och eng Zone de non-droit. An et ass eigentlech do, wou dëse Gesetzesprojet complémentaire zu deem, wat de Moment scho vu Législatioun besteet, soll gräifen.

D'Erausfuerderung un d'Politik ass eigentlech déi, fir ee gesonden Équiliber ze schafen zwëschent engersäits Recht op Meenungsäusserung, Recht op Informatiounen, an awer anersäits och dem Schutz vun der Privatsphär. A mir gesinn als CSV, dass dëse Projet complémentaire zu deem, wat existéiert, e weidert Puzzlesteck ass an der Schafung vun dësem Équiliber. Dass dësen Équiliber noutwendeg ass, weist eigentlech dagdeeglech dat, wat a sougenannten Onlinefore geschitt. Do gi Leit, muss een op gutt Lëtzebuergesch soen, systematesch duerch den Dreck gezu vun aneren, ënnert dem Deckmantel vun der Anonymitéit.

An ech wëll och ganz kloer soen, Här President, dass d'CSV hannert deene Wierder steet, déi Dir bei Ärer Untrëttsried - déi gëtt et och fir e Chamberspresident - de 5. Dezember hei op dëser Plaz gesot hutt. Dir hutt lech nämlech als fréiere Journalist, dat si mir net, mä fir staark Medien ausgedréckt. Dir hutt och gesot, dass staark Medie keng Aschränkung vun der Meenungsfräiheet toleréieren, mä Dir hutt gradesou däitlech gesot, dass een, dee seng fräi Meenung äussert, soll och de Courage hunn, seng Ënnerschréft dorënner ze setzen, amplaz ënnert dem Deckmantel vun der Anonymitéit oder zeg Pseudonymen an der elektronescher Blogsphär säi Géft ze verspreeën.

M. le Président.- Korrekt.

M. Gilles Roth *(CSV)*.- An dëse Gesetzesprojet, deen - den Här Bodry ass elo net hei, mä ech erlabe mer, awer nach eng Kéier drun ze erënneren - vum fréiere Justizminister, dem François Biltgen, agereecht gouf, deen ass eigentlech drop achséiert, fir am Endeffekt Abuse vun der Informatiounsgesellschaft entgéintzewierken.

Et sinn eng Rei vun neien Infraktiounen, déi an eist Strofrecht agefouert ginn. Mir soen awer als CSV och gradesou kloer, dass dës Infraktiounen nëmme sollten a leschter Instanz zum Droe kommen. Fir eis ass déi éischt Prioritéit, d'Cybersécherheet, d'Cybersécuritéit ze assuréieren, well dat och en Deel am Kampf géint d'Cyberkriminalitéit ass. An et haten eenzel Membere vun der Chamber d'Méiglechkeet, leschte Méindeg un enger Konferenz zu Den Haag zu deem Sujet och deelzehuelen.

Dat, wat wichteg ass, dat ass, dass fir d'Éischt eng Sensibilisatioun ass, dass d'Leit eigentlech vun där jonker grad wéi vun där eelerer Generatioun responsabiliséiert ginn, mat gesondem Mënscheverstand sech an der Informatiounsgesellschaft ze bewegen, well et gesäit een och, dass Affer vu sougenannte Mobbingattacken, déi iwwert de Wee vum Facebook oder anere soziale Medie kommen, dass déi et oft ganz schwiereg hunn, sech dergéint ze verteidegen. Dofir si souwuel d'Eltere wéi och d'Schoule responsabiliséiert, fir déi Sensibilisatioun virzehuelen.

Mir soen awer als CSV och gradesou däitlech, dass déi Responsabilisatioun net nëmmen den eenzelne Bierger betrëfft, mä och d'Entreprisen. An ech erlabe mer, och aus Aktualitéitsgrënn, nach eng Kéier zréckzegoen op d'Gesetz vun 2002 iwwert den Dateschutz, well och dat Gesetz schonn eng Rei vu Strofbestëmmunge virgesäit, wann ee sech net zu de generelle Prinzipie vum Dateschutzgesetz vun 2002 conforméiert. An dobäi ass eng Entreprise, am wäiteste Sënn vum Wuert, eigentlech och gehalen, wa se e Fichier vu Clienten huet, dass se dee responsabel behandelt an dass och déi néideg Sécherheet derfir gewährleescht ass, dass déi Clientsdaten net einfach sech op der Place publique erëmfannen.

Fir eis ass et dofir wichteg, Här Justizminister, dass der nationaler Dateschutzkommissioun, der CNPD, eigentlech all déi Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn, personeller an anerer, fir hirer Missioun kënne gerecht ze ginn. An et beweist eigentlech och déi rezent Affär vun eBay, wou iwwer 145 Milliounen Daten eigentlech geklaut goufen an déi och hir Ramifikatiounen op Lëtzebuerg huet, aus deem ganz einfache Grond, well eBay hei säi Sëtz huet, dass mer dat sollen eescht kucken, well eng Attack géint eisen Dateschutz, dat ass och eng Attack géint den ICT-Beräich an dat ass och eng Attack géint en Deel vun eiser Wirtschaft, an domat natierlech ass och den Image vun eisem Land a Fro gestallt.

De Rapporteur ass virdrun op zwee rezent Arrête vun dem Europäesche Geriichtshaff vum Kierchbierg zréckgaangen. Deen éischten Arrêt, dee concernéiert, wann een dat vereinfacht seet, well et ass méi komplex wéi dat, de sougenannten Droit à l'oubli. Eigentlech si Suchmaschinnebedreiwer wéi Google oder anerer gehalen, an Zukunft Linken ze läschen, wann eng Persoun, déi an deem Link dran ass, sech an hire Grondrechter beanträchtegt fillt. Dat ass ee sensibelen Arrêt vun der Cour de justice européenne, deen eigentlech wäit geet an deen am Zweifelsfall de Schutz vun der Privatsphär virun d'Recht op Informatioune vun anere Leit stellt. Ech wëll och soen, dass mir als CSV déi Approche vun dem Europäesche Geriichtshaff deelen.

En zweeten Arrêt, deen d'Cour de justice vum Kierchbierg kierzlech ginn huet, dat ass dee vun der sougenannter Vorratsdatenspeicherung, mat deem cocasserweis d'Cour de justice vum Kierchbierg eng europäesch Direktiv a Fro stellt, op déi awer och en Deel vun eiser nationaler Gesetzgebung aus dem Joer 2010, also ënnert där fréierer Regierung, opgebaut ass.

An de Justizminister huet, wéi deen Arrêt komm ass, gesot - zu Recht -, dass e sech wéilt an enger Detailanalys mat der Lëtzebuerger Gesetzgebung ausenanersetzen. De Rapporteur huet virdru gesot: Et ass eng Sëtzung uberaumt. Ech mengen, moies de 5. oder de 7. Juli, also an der éischter Juliwoch. Dat ënnerstëtze mer och ausdrécklech als CSV.

Mir sinn awer der Meenung, Här Justizminister, Dir sollt d'Geleeënheet notzen, haut um Uschloss vun dëser Debatt, fir kuerz vläicht éischt Prezisiounen ze ginn, wéi Dir gesitt, mat eiser Lëtzebuerger nationaler Législatioun an deem Beräich ëmzegoen.

Fir eis als CSV verhält dat sech eigentlech esou wéi mat engem Uerteel, wat d'Verfassungsgeriicht erlooss huet, dat nationaalt, a wou et zur Konklusioun komm ass, dass eng Législatioun bei eis verfassungswiddreg ass. Mir ginn also dervun aus, dass an deem Fall keng Verwaltung an och virun allem kee Geriicht déi stritteg Punkte vun esou enger Gesetzgebung nach applizéiert, soudass mer och mengen, dass hei déiselwecht Approche sollt gewielt ginn, nämlech, dass mer kaum dervun ausginn, dass eng Verwaltung oder e Geriicht déi stritteg Punkte vun deem Gesetz iwwert d'Vorratsdatenspeicherung nach applizéieren.

Mir sinn dofir der Meenung, dass een dat sollt a Rou kucken, dass ee waarde sollt, wat um europäesche Plang geschitt mat der Adaptatioun vun där betreffender EU-Direktiv, an dass mer da sollten hei an engem Schoss déi national Gesetzgebung upassen, fir dass mer net mussen e puermol deen Exercice maachen.

Dëse Gesetzesprojet, deen agéiert, wéi gesot, géint d'Internetdelinquenz. De Rapporteur huet virdrun zéng Punkten opgezielt, déi souwuel nei Infraktioune considéréiere wéi och nei Moossnamen um Niveau vun onser Strofprozessuerdnung, a mir kommen eigentlech hei derzou, dass mer eis ofwenden zum Deel vun engem Prinzip, deen iwwer 200 Joer am Code d'instruction criminelle stoung, nämlech dass en Untersuchungsriichter „saisine in rem" ass. Dat heescht, dass, wann e mat enger Affär concernéiert ass, en eenzel Moossnamen ëmmer am Kontext vun der gesamter Affär kuckt. Abee, hei erlaabt d'Gesetz an Zukunft - dat war net ouni Contestatioune vun dem Statsrot -, fir dass a spezifesche Fäll en Untersuchungsriichter onofhängeg vun dem Fong vun der Affär ka schonn Date saiséieren, wat mir als CSV opgrond vun der spezifescher Natur vun deenen Infraktiounen och kënnen ënnerstëtzen.

Zum Ofschloss, Här President: Den Internet kennt keng geographesch Grenzen, a fir dass d'Leit, deen eenzelne Bierger, och an Zukunft

kënnen onbeschwéiert an dem Netz surfen, de Facebook huelen, Twitter, wat Eenzelner an der Chamber maachen, Onlinebanking, Onlineshopping benotzen, brauche se och dat néidegt Vertrauen. An hei zielt fir eis, wéi esou oft, méi Sécherheet bedeit och an deene meeschte Fäll méi Fräiheet fir deen eenzelne Bierger.

A mat deem Prinzip wëll ech ofschléissen, Här President, an ech ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetzesprojet an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Roth. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Franz Fayot vun der LSAP. Här Fayot.

M. Franz Fayot *(LSAP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'Éischt emol e grousse Merci un de Rapporteur, un de Guy Arendt, fir säi ganz gudde mëndlechen a schréftleche Rapport zu dësem wichtege Projet de loi.

De Guy Arendt sot et: Dëse Projet de loi, deen e jo och am Detail beschriwwen huet, approuvéiert d'Budapester Konventioun iwwert d'Cyberkriminalitéit vum 23. November 2001 a féiert an eist Strofrecht an och an eis Strofrechtprozedur deen Arsenal juridique an, deen dora virgesinn ass. Dëse Projet de loi setzt fir d'Éischt emol déi spezifesch Infraktiounen ëm, déi d'Konventioun virgesäit, Phenomeener wéi d'Unhuele vu falschen Identitéiten, de Phishing, d'Interceptioun vun informateschen Donnéeën an den Abus de dispositifs. De Guy Arendt huet se jo ausféierlech beschriwwen.

Dat sinn alles nei Forme vu Kriminalitéit, déi bis elo ënnert dem Code pénal net strofbar waren, oder wou et op d'mannst net sécher war, dass se erfaasst wären. Et gëtt en Arrêt vun der Cour d'appel vum 14. Juni 2010, deen zréckgehalen hat, dass et net méiglech wär zum Beispill, fir de Phishing als Bedruch, Escroquerie ze qualifiéieren, aus deem Grond, well d'Passwuert, wat beim Pishing jo viséiert gëtt, kee Meuble ass am Sënn vum Artikel 496 vum Code pénal.

Säit engem rezenten Arrêt vun der Cour de cassation vum 3. Abrëll dëst Joer ass et kloer, dass och elektronesch Date kënne geklaut ginn. Dat ass en Arrêt dee komm ass am Kontext vun engem Vol vun Donnéeë vun engem Bankemployé bei enger Lëtzebuerger Bank. An do ass zréckgehale ginn, dass also och elektronesch Date kéinte geklaut ginn, also och kéinten den Objet vun engem Bedruch sinn an also och kéinte saiséiert ginn.

Et ass nawell gutt, trotz dëser juristescher Clarificatioun duerch en Arrêt vun der Cour de cassation, dass am Sënn vun der Rechtssécherheet elo explizit festgehale gëtt an dësem Gesetz, dass all déi Infraktiounen do och explizit kënne bestrooft ginn.

De Code pénal huet missen opgefrëscht ginn, dat gëtt och gemaach duerch dëse Projet de loi, fir eben eist Land an den Zäitalter och vun der Cyberkriminalitéit eranzeleeden. Mä och déi prozedural Instrumenter, fir dogéint virzegoen, wéi och d'Volete vun internationaler Kooperatioun an internationaler Kompetenz, wann et ëm Cyberkriminalitéit geet, gi verstäerkt duerch dëst Gesetz.

D'Gesetz setzt ausserdeem de Protokoll zu där Konventioun vun 2003 ëm, déi vu rassisteschen an auslännerfeindlechen Akten handelt, déi informatesch ausgefouert ginn an och diffuséiert ginn. A wann ee wéi muncher heibannen e bëssen ënnerwee ass op Internet an op soziale Foren, da weess een, dass dat net vu Muttwëll ass, och zu Lëtzebuerg net, wou esou Phenomeener wäit verbreet sinn a munche Kreesser.

Doduerch, dass d'Mëttel vun der internationaler Kooperatioun hei méi effikass ginn - d'Infraktioune vu Rassismus an Auslännerfeindlechkeet si jo scho virgesinn an eisem Code pénal -, misst et an Zukunft méi einfach sinn, esou Comportementer op Internet ze erfaassen, ze ënnerbannen, an och dann, wa se aus dem Ausland kommen.

A wéi wichteg et ass, insbesonnesch fir e Land wéi eist, wat kleng ass, dofir direkt an engem internationale Kontext sech esou eng Législatioun ze ginn, weisen eleng e puer rezent Beispiller; si si schonn ugeschwat gi vum Gilles Roth. Et ass engersäits d'Fraude, vun där eBay d'Zil war, mä awer och eng Attack op verschidde Lëtzebuerger Banken, déi d'lescht Woch den Objet waren, vu Phishing, dat heescht, wou Gauner probéiert hunn, Clienten hir Passwierder iwwer E-Mail ze kréien, fir dann an hire Kont eranzekommen.

De Gilles Roth huet d'Beispill eBay mentionnéiert. Dat ass eng Entreprise, déi bei eis am Land usässeg ass, déi d'Affer also war vun deem informatesche Piratage. An effektiv, ech ginn och do dem Gilles Roth recht, do stellt sech dann d'Fro vun der Wichtegkeet vun der CNPD an deem Kontext. D'CNPD als zoustänneg Behörde fir eBay fir Europa muss hei eng Enquête maachen, an et gëtt aner rezent Beispiller, wou d'CNPD huet missen aktiv ginn, oder wou se gefrot ginn ass, aktiv ze ginn, notamment bei Skype.

Et kënnt also ëmmer méi oft vir, dass d'CNPD och international muss aktiv ginn a muss Enquëtë maachen. An do, mengen ech, stellt sech effektiv d'Fro, ob déi Behörde bei eis am Land genuch outilléiert ass, fir all déi Saachen do ze maachen, ob se genuch Personal huet, ob se gutt genuch och technesch équipéiert ass, fir all déi Phenomeener do ze erfaassen a fir och richteg domadder ëmzegoen.

Rezent ass de Rapport vun der CNPD presentéiert gi fir d'Joer 2013, an do huet de President vun där Behörde justement dat och bemängelt, dass se just 13 Leit huet, wat net duergeet, an dass do och au vu vun all där Masse vun Demanden, vu Plainten, vun Enquëtë misst am Fong opgestockt ginn, an dass se misst méi Moyene kréien. Ech mengen, doriwwer misst een och seriö nodenken.

Mä ech mengen d'Fro, déi sech stellt am Bezuch mat der Cyberkriminalitéit, ass och, ob eis Police judiciaire gutt genuch ausgerüst ass fir déi nei Form vu Kriminalitéit, fir sech dorëm ze bekëmmeren. An den 80er Joren huet sech eng ähnlech Fro gestallt, deemools mat der Place financière. Dat war deemools de Justizminister Robert Krieps, deen do probéiert huet, dorober opmierksam ze maachen. An ech mengen, haut stellt sech eng ähnlech Fro mat dëser neier Form vu Kriminalitéit am Secteur vun den ICT. Well mer kleng sinn, mä och well mer esou staark an deem Beräich vun den TICen investéieren, ass et och esou wichteg, fir décisiv an effikass géint d'Cyberkriminalitéit virzegoen. Mä awer och, well infekt Phenomeener wéi Pädopornografie oft iwwer Internet diffuséiert ginn, ass et gutt, déi juristesch Mëttelen ze hunn, fir dogéint unzekämpfen.

Op ee Punkt, dee schonn erwähnt ginn ass vu menge Virriedner, wëll ech awer och nach hei eng Kéier agoen, an dat ass dee vun där rezenter Affär vum Europäesche Geriichtshaff vum 8. Abrëll 2014 an der Affär „Digital Rights". Dat ass déi faméis Jurisprudenz iwwert d'Vorratsdatenspeicherung, déi jo u sech déi Direktiv do annuléiert huet vun 2006, déi déi Vorratsdatenspeicherung virgesäit.

Elo ass et awer esou, dass déi Budapester Konventioun, déi mer elo hei approuvéieren, de Signatairen, also de Länner, déi se adoptéiert hunn, virschreift an hirem Titre 2, fir eng Conservation rapide de données informatiques stockées ze maachen, an an hirem Titre 5 och e Kapitel iwwert d'Collecte en temps réel de données informatiques huet. Hei kréien also d'Staten d'Obligatioun, just dat ze maachen, dat heescht erëm eng Kéier Vorratsdatenspeicherung virzehuelen an d'Opérateuren dozou am Fong ze incitéieren oder ze obligéieren, fir esou Späicherunge virzehuelen.

An ech mengen, et misst ee justement an deem Kontext, wou mer elo sinn, ënnert där Jurisprudenz vum Europäesche Geriichtshaff, an an deem Exercice, dee mer elo wäerte geschwënn eng Kéier maachen an der juristescher Kommissioun, an deen och elo amgaangen ass gemaach ze ginn am Ministère de la Justice, misst ee sech seriö Froe stellen och iwwert d'Konformitéit elo scho vun dëser Konventioun an deenen Dispositiounen, déi ech elo just erwähnt hunn, par rapport zu där Jurisprudenz, par rapport zu eisem Gesetz vun 2010, wat déi Direktiv deemools ëmgesat huet. An ech mengen, et misst ee sech wierklech froen, ob een do konform ass a wéi ee gäre mat deem Problem do ëmgeet.

Zum Schluss wéilt ech och nach op e puer europäesch Aspekter agoen am Kampf géint d'Cyberkriminalitéit. De Guy Arendt huet déi puer Konventiounen erwähnt vum Conseil de l'Europe, déi mer nach net ëmgesat hunn. Et gëtt awer och Initiativen um europäesche Plang, déi scho lafen. Esou zum Beispill ass am Januar 2013 den EC3, den „European Cybercrime Center" am Kader vun Europol an d'Liewe geruff ginn. Et handelt sech hei ëm eng Ënnerorganisatioun vun Europol, déi am Kader vun der Stratégie de sécurité intérieure vun der EU eng Roll spille soll an déi en fait fir eng besser Koordinatioun vum Kampf géint schwéier Forme vu Cyberkriminalitéit am europäesche Raum, insbesonnesch organiséiert Verbrieche wéi „Online fraud", mä och sexuell Exploitatioun vu Kanner iwwer Internet a Cyberattacken op wichteg IT-Infrastrukturen awierke soll.

Well dëst Gesetz eis op d'mannst d'Instrumenter wäert ginn, fir géint esou uerg Phenomeener wéi Kannerpornografie, Auslännerhaass an divers Forme vun Internetfraude virzegoen, kann d'LSAP dësen Text nëmme begréissen. Wéi déi Instrumenter duerno um Terrain fonctionnéiere wäerten, dat muss gekuckt ginn.

Mat deene Wierder ginn ech den Accord vun eiser Fraktioun zu dësem Text an ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och dem Här Fayot. Als nächst Riednerin ass d'Madame Viviane Loschetter vun déi gréng ageschriwwen. Madame Loschetter.

Mme Viviane Loschetter *(déi gréng)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, dës Konventioun vu Budapest vum Conseil de l'Europe aus dem Joer 2001 an och den additionnelle Protokoll aus dem Joer 2003 huet op alle Fall emol de Mérite, den éischten internationalen Traité ze sinn, mat deem versicht gouf, déi rechtlech national Mesurë betreffend déi informatesch Crimen an notamment och d'Crimen op Internet, respektiv, wéi et hei an der Konventioun heescht, de Beräich vun der Cyberkriminalitéit international ze harmoniséieren. Dozou gehéieren notamment och d'Definitioune vun de Mëttelen, fir déi technesch Enquëtë kënnen ze realiséieren. An och d'Mëttelen, déi déi betraffe Länner sech ginn, fir zesummen ze kooperéieren.

Dës Initiativ via Konventioun begréisse mir a priori. De Gesetzesprojet ass och scho vu mengem Virriedner a virun allem vum Rapporteur a sengem mëndlechen an expliziten an detailléierte schréftleche Rapport erkläert ginn - Merci, Här Arendt, och dofir -, esou datt ech hei éischter op e puer Punkten zum allgemenge Phenomeen vun der informatescher Welt a senger rechtlecher Organisatioun wëll agoen.

Mat der Ratifikatioun vun dëser Konventioun a mam Vote vun dësem Projet de loi adaptéiere mir effektiv eng Rei Artikelen, fir d'Éischt emol aus dem Code pénal an aus dem Code d'instruction criminelle. Dëse Projet de loi definéiert a verfeinert eis national Gesetzgebung an engem Beräich, dee permanent der technologescher Entwécklung hannendru leeft. An dat ass och de Problem.

Effektiv hu sech déi nei Méiglechkeeten, fir elektronesch ze kommunizéiere respektiv informatesch per PC, per Laptop, per Tablet oder souguer mam Handy ze schaffen, esou séier entwéckelt, datt selbstverständlech och nei Méiglechkeete vu Mëssbrauch respektiv Gesetzesverstéiss oder Strofdoten entstane sinn oder sech weiderentwéckelt hunn. D'Mise en place vu rechtleche Mesuren, fir géint dës Infraktioune virzegoen, ass selbstverständlech onëmgänglech.

Eng Rei vu rechtleche Moossname goufen a ginn um europäeschen Niveau ausgeschafft, an dat ass och richteg esou. Effektiv sinn déi sougenannten nei Kommunikatiounsmedien ouni Grenzen. A virun allem de Protocole additionnel, dee knapp zwee Joer no der Ouverture vun der Signature vun der Konventioun nogeschoss ginn ass, weist op dat grousst Potenzial vu kriminellen Akten hin. Déi rassistesch a xenophob Akte sollen op kee Fall ënnerschat ginn. An dat, wat een esou munchmol online an de Sozialnetzer erliewe kann, schëpft sécherlech dat kriminellt Potenzial bei Wäitem net aus. Leider!

D'Definitioun vum Term „Cyberkriminalitéit" geet awer natierlech vill méi wäit wéi de rengen Opruff zu Haass, zu Gewalt a Xenophobie am Internet. Et ass u sech einfach eng nei Form vu Kriminalitéit a vun Delinquenz, déi sech ofhieft vun traditionelle bekannte Forme vu Crimen, an déi online an engem virtuellen Espace stattfënnt. An iwwerhaapt, den Term „virtuellen Espace" ass och eng nei Komponent fir d'Justiz, an dat op verschidden Niveauen. Wat bedeit zum Beispill e sougenannten „espace virtuel" als „lieu du crime" fir national oder territorial Gesetzer, zum Beispill am Droit pénal? Oder déi Fro vun der Definitioun vun engem Bien corporel, oder déi uschléissend Diskussioun, ob e Bien incorporel och ka geklaut ginn.

Déi lescht Fro ass duerch den Arrêt vum Cassatiounsgeriicht kloer mat jo beäntwert ginn. Wat natierlech, engersäits, eng kloer Äntwert ass notamment och op d'Fro, déi sech de Statsrot gestallt huet. Mä et ass awer anerersäits och e Beweis, datt ons Gesetzgebung am Kontext vun den neie Medien an der Informatik, respektiv wéi et elo gesetzlech heescht, de Système de traitement ou de transmission automatisée des données, datt ons Gesetzgebung a speziell och den Droit pénal sech definitiv nach schwéierdoe mat enger informatescher Evolutioun, déi méi séier ass wéi de Législateur, an dee Moment dann och eben duerch Jurisprudenze geregelt gëtt. An dat ass net glécklech an dat ass och net gutt!

An de Statsrot huet och d'Fro opgeworf, ob de Législateur net besser gehat hätt, déi nei EU-Direktiv ofzewaarden, fir onst nationalt Recht ze adaptéieren, anstatt sech hei mat enger Konventioun, mat engem Protocole additionnel ze befannen, an da bannent kuerzer Zäit, mä an engem eben da separate Projet, sech mat der EU-Direktiv ze befannen, mam Risiko, datt déi munchmol net méi openeen ofgestëmmt sinn.

Mir hunn eis dann awer och an där zoustänneger Kommissioun dozou ënnerhalen. A mir denken, zu Recht, mir hunn ons entscheet elo direkt an dëser wichteger Matière ze handelen, well mer bal all Dag mierken, datt et hei däitlech rechtlech Lacunë gëtt. Quitte datt mer ons keng Aarbecht erspueren, wa mer deemnächst nach eng Kéier mussen an dësem Beräich légiféréieren. Et huet ons wichteg geschéngt, ons elo schonn déi noutwendeg juristesch Méiglechkeeten ze ginn.

Mir hunn elo an onsem Code pénal an am Code d'instruction criminelle den Term „clef informatique" ancréiert. Och dat ass en neien Term, dee weider Begréffer wéi notamment de Mot de passe oder de Code mat integréiert. A mir hunn och elo eng kloer Definitioun vun engem Vol, vun enger Usurpatioun, vun enger Infraktioun par rapport zu dëser Clef informatique.

Dëst sinn absolut wichteg Definitiounen, déi net nëmme jiddweree virun der Verantwortung vu sengen eegenen Akte virun engem Computer setzt, mä et schützt och den Utilisateur, deen eng potenziell Victime ka ginn. Effektiv ass de Législateur an duerno och d'Justiz de Garant dofir, datt den Utilisateur sech méiglechst sécher kann an dësem Espace virtuel bewegen. An op alle Fall rechtlech geschützt ass, wann him e Schued entsteet, respektiv wann hien an dësem Espace virtuel en Opfer vun engem kriminellen Akt géif ginn.

Den Utilisateur huet e Recht op Schutz vu senge privaten Donnéeën, vu senger Privatsphär. Do och d'Stéchwuert ebe vum Arrêt vum Europäesche Geriichtshaff vum 13. Mee géint Google Spain. Dofir gëtt mat dësem Projet de loi hei d'Gesetz vun 2005 iwwert d'Protection de la vie privée dans le secteur des communications électroniques och adaptéiert. An d'Fro, déi gestallt gëtt - net zu Onrecht, onser grénger Meenung no -, ass déi, ob mat de Mëttelen, déi d'Justiz kritt, fir engem Crime am Espace virtuel nozegoen, ob net grad och do d'Gefor besteet, datt de Schutz vun der Privatsphär verletzt ka ginn. Et ass eng pertinent Fro an onsen Aen, wëssend, datt d'Cour européenne des Droits de l'Homme zu Stroossbuerg d'Direktiv iwwert d'Vorratsdatenspeicherung virun e puer Méint annuléiert huet.

De Justizminister huet zu dësem Zäitpunkt an och am Numm vum Statsminister d'Positioun vun der Regierung annoncéiert. Entre-temps ass an deenen zoustännege Ministèren d'Analys vum Impakt op eis Législatioun gemaach ginn. An effektiv, wéi schonn hei richteg gesot ginn ass, wäerte mir ons an der Justizkommissioun ufanks Juli, den Datum steet, zesumme mat der Kommissioun fir Héichschoul a Medien zesummesetzen an de Point maache mat de Ministere Braz a Bettel a mat der Commission nationale pour la protection des données, fir ze kucken, wéi mer do weider virginn.

Sécherlech hate mir an der leschter Legislaturperiod dës Direktiv iwwert de Vorratsdatenschutz (veuillez lire: d'Vorratsdatenspeicherung) méi restriktiv applizéiert, notamment, wéi verschidden aner EU-Länner. Nawell wäerten e puer legislativ Adaptatiounen net ausbleiwen.

Am Kontext vun der Budapester Konventioun hu mir an dësem Projet de loi op alle Fall fir e maximale Schutz vun der Privatsphär gesuergt. Keng Daten dierfen ouni den Accord vum Untersuchungsriichter gebraucht ginn an et gëtt och eng formell Informatioun un de Procureur. Dës Daten dierfe maximal 90 Deeg gebraucht ginn. Déi concernéiert Persoun oder Persoune musse bannent zwielef Méint iwwert de Gebrauch vun hiren Daten informéiert ginn. A falls et no enger Enquête net zu enger Uklo kënnt, ginn dës Donnéeën nees aus dem Dossier gelascht.

Dat gëtt onser Meenung no den noutwendegen Equiliber tëschent Schutz vun der Privatsphär, engersäits, an der Strofverfolgung mat hiren noutwendegen Derogatiounen dozou, anerersäits, an deenen néidege Kritären, fir dëse Schutz kënnen ze garantéieren.

Mir wären och frou, wann de Minister ons kéint eng Rei preliminär Informatioune ginn zu där schonn ugefaangener Aarbecht a béide Ministèren zu där Annulatioun vun der Direktiv duerch deen Arrêt. A vläicht och e puer Informatiounen, datt mer wierklech duerch de Schutz vum Utilisateur, datt mer, fir deen ze schützen, net effektiv d'Privatsphär, wa mer virginn, fir eng Strofdot ze erkennen, datt mer d'Prinzipie vun der Privatsphär eigentlech net genuch berücksichtegen. Dat ass effektiv onst Uleies.

An dëst gesot, ginn ech den Accord vun onser Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci och der Madame Loschetter. Als nächste Riedner huet den Här Fernand Kartheiser vun der ADR d'Wuert. Här Kartheiser.

M. Fernand Kartheiser *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, villmools Merci. Ech soen och dem Här Arendt direkt Merci fir e ganz interessanten a komplette Rapport. Ech wëll elo net d'Wuert huelen, fir nach eng Kéier ze paraphraséieren, wat meng Virriedner gesot hunn.

Ech mengen, mir kënnen eis souwisou nëmmen driwwer freeën, datt mer a bal allem hei e grousse Konsens an dëser Fro hunn. Ech wonnere mech zwar heiansdo, wann ech déi gréng Kolleegen héieren, déi de Rôle vun der interner Oppositioun an der Regierung iwwerhuelen. Ech sinn net ëmmer sécher. Wat wëllt Der dann elo, Madame Loschetter? Hätt d'Regierung, zu där Dir jo och stitt als déi gréng Partei, dann elo solle waarden op déi nei EU-Direktiv? Oder firwat hutt Der elo dat Gesetz hei virleien, wat Der jo awer mat ofstëmmt? Do sinn heiansdo esou komesch Kontradiktiounen an Äre Stellungnahmen, déi fir en Aussenstehende schwéier novollzéibar sinn. Mä sief et, et ass Äre Problem.

Wann ech awer elo hei d'Wuert huelen, dann ass et, fir op eng aner Gefor opmierksam ze maachen am Beräich vun der Internetdelinquenz. An zwar, mengen ech, sollte mer och eng Kéier beliichten dat Spannungsverhältnis, wat mer elo hunn tëschent deem, wat mer jo alleguer och wëllen, nämlech Opruff zum Haass an esou weider am Internet ze verhënneren, datt et kann zu enger Radikaliséierung kommen. All déi Phenomeener, déi mer a leschter Zäit kannt haten, doduerch datt d'Leit och a Kricher gaange sinn an esou weider. Mir hu jo eng ganz Rei Ursaachen, fir eis Suergen ze maachen iwwert dat, wat am Internet geschitt.

Mä op där anerer Säit stinn awer d'Grondrechter, déi mer absolut eescht mussen huelen. Mir hunn d'Recht op Fräiheet vun der Ried, d'Recht op Fräiheet vun der wëssenschaftlecher Fuerschung, d'Recht op fräi Diskussioun an engem demokratesche Stat. An et ass dat Spannungsverhältnis, wat awer och ëmmer erëm muss beliicht ginn. An et geet net duer, wéi an deem Protokoll, dat och haut hei virläit an dat mer och solle mat ratifizéieren, fir ze soen, fir dat Gläichgewiicht ass gesuergt. Mir brauchen eis keng Suergen ze maachen. Wa mer awer gläichzäiteg gesinn, datt dat Gläichgewiicht ëmmer méi a Richtung Verbuet beaflosst gëtt.

Ech hunn, fir déi Interventioun haut hei ze maachen, just ee Beispill matbruecht. An ech mengen, dat illustréiert dat. An dat ass dat, wat am Beräich vun der Europäescher Unioun am Ableck do diskutéiert gëtt a geschitt. D'Madame Malmström, dat ass déi schwedesch Bannekommissärin, déi hat elo zu Vilnius am November eng Ried gehalen iwwert dat, wat si nennt „Hate crimes", Haassverbriechen. Dorobberhin ass dann zu Thessaloniki e Seminar organiséiert gi viru Kuerzem.

Elo soll en Aarbechtsgrupp geschafe ginn, ënner italienescher Presidentschaft, deen zu Roum zesummentrëtt, wou Lëtzebuerg... Et ass vläicht eng Fro un lech, Här Minister, fir ze soen, wéi mer do vertruede sinn a wéi eng Positioune Lëtzebuerg do soll vertrieden.

Mä et ass interessant fir ze gesinn, a wéi eng Richtung dat geet. Wat ass haut en Haassverbriechen? An d'Terminologie eleng ass jo schonn zimlech staark. Mir schwätzen hei net méi vun Delinquenz, mir schwätzen net vun zivilrechtleche Froe bei Insulten oder esou, mä mir kategoriséieren elo alles ënnert dee Begrëff „Haassverbriechen", deen extrem streng ass an dee ganz wäit geet.

Ech hunn, fir dat einfach emol ze illustréieren, aus den EU-Texter, déi zu Thessaloniki oder ënner italienescher Présidence diskutéiert ginn, oder am Europaparlament schonn aktiv diskutéiert ginn, just déi Begrëffer erausgeholl, déi elo legislativ solle behandelt ginn an déi dann dat complétéieren, wou mer jo och all d'accord sinn, fir Akte vu Xenophobie, Rassismus an esou weider, datt dat näischt Guddes an näischt Schéines an näischt ass, wat mer sollen toleréieren. Mä déi Lëscht gëtt ëmmer méi laang elo. An et ass dat, wat interessant ass, well mer awer soen, mir liewen an enger fräier Gesellschaft mat enger fräier Diskussiounskultur.

Ech hunn déi Termen opgeschriwwen, déi elo an der Diskussioun sinn, wou ech also elo näischt derbäisetzen, wat nach an anere Gremien, an der Wëssenschaft oder esou diskutéiert gëtt, mä nëmmen aus den EU-Texter, wat eventuell soll verbuede ginn an dann als Haassverbriechen och soll bestrooft ginn. Dozou gehéieren: Homophobie an Transphobie, Islamophobie, Xenophobie a Rassismus hu mer schonn, Gender, Anti-Immigratiounsrhetorik an Negationismus. Negationismus ass bezunn op den 2. Weltkrich, also Auschwitz an esou weider.

Mä wat heescht dat dann elo konkret? Ass een homophob, wann ee géint d'Homosexuellebestietnis ass? Ass een islamophob, wann ee géint Internetsäiten optrëtt, déi wëlle Leit rekrutéieren, fir an e Krich iergendwou ze goen? Ass ee xenophob, wann ee géint d'Auslännerwahlrecht ass? Ass ee géint Gender, wann een op dat biologescht Geschlecht an deem seng Bedeitung insistéiert? Ass ee géint Anti-Immigratioun, huet een eng Anti-Immigratiounsrhetorik, wann een zum Beispill op Integratioun hält? An esou weider.

Alles dat si Froen, wou ech just wëll opweisen, wéi dat Spannungsverhältnis sech entwéckelt. An datt mer eben e Problem hunn, wa mer fir Fräiheet a fräi Ried antrieden, fir déi do Prozesser einfach ze gesinn, ouni se kritiklos ze begleeden, ouni se wëlle mat Kritik ze begleeden, well do wierklech eis Grondwäerter a Fro sinn.

Mir haten an deene leschte Joren ëmmer erëm Incidenten, datt an der Wëssenschaft Leit hu misse vun hire Posten démissionéieren, einfach well se Theorien diskutéiere wollten, déi am Ablack net als politesch korrekt ugesi ginn. Mir hunn ëmmer erëm, datt an der politescher Diskussioun Leit marginaliséiert ginn, ganz einfach well eben déi sougenannte politesch korrekt Konzepter net jidderengem passen.

A mir hunn déi Entwécklung ëmsou méi schlëmm, well mer och hei, souguer wann et Insultë sinn, an deenen Texter steet, datt et net nëmmen elo Verbrieche sinn, dat heescht konkret Haasselementer wéi Mord oder Verbriechen, mä souguer Insulten, Beleidegunge kënnen an déi Richtung interpretéiert ginn! An d'Madame Malmström huet souguer offréiert, fir Eurojust an Europol mat ze bedeelege fir esou wat si nennt eben „Hate crimes" - mä dat kënnen, wéi gesot, och Insultë sinn -, also ganz einfach banal Saachen eigentlech an der Graduatioun vun eise rechtleche Vergehen, Verstéiss géint eis legal Uerdnung, fir déi kënnen do anzeschalten.

Alles dat mécht eis Suergen. Wéi gesot, mir sinn net déi, déi an iergendengem vun deene Beräicher elo do géifen de Bien-fondé fundamental a Fro stellen. Wien ass schonn auslännerfeindlech? Wien ass schonn islamophob oder wie wär am Prinzip géint Immigratioun? Hei am Land ass dat Gott sei Dank eng ganz marginal Erscheinung. Mä wat awer net marginal ass, dat ass déi grondsätzlech Remise en question vun den demokratesche Fräiheeten, vun de Grondrechter op fräi Ried, op fräi Wëssenschaft, mat där mer awer konfrontéiert sinn.

Ech ka just hei soen, datt fir mäin Deel, an ech mengen och do kënne fir meng Partei ze schwätzen, datt mir net stëmmen an net akzeptéieren, wa weider Aschränkunge vun der Fräiheet vun der Ried kommen. Ganz einfach, well mer mussen ofweien, wat méi geféierlech ass. Ob mer selwer ëmmer déi Grondfräiheete méi wäit aschränken, déi awer d'Essenz vun eiser demokratescher Kultur ausmaachen.

An datt mer awer och de Wëlle behalen, eis mat esou Phenomeener aneschters auserneenzesetze wéi op déi penal Manéier. Mä ganz einfach duerch déi politesch Diskussioun, duerch déi oppen Diskussioun, duerch Iwwerzeegung, duerch Argumenter, an net duerch Strofe wëllen eng Kultur vun der Meenungsonfräiheet an eisem Westen duerchsetzen. Well dann hu mer dat verluer, wat wierklech eis Gesellschaft am meeschte markéiert, nämlech déi Fräiheet, zu där mer wëlle stoen an un déi mer halen.

Merci.

Une voix.- Très bien!

M. le Président.- Nächsten ageschriwwene Riedner ass den Här Serge Urbany. Här Urbany vun der neier Lénker.

M. Serge Urbany *(déi Lénk)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn net prinzipiell dergéint, wann d'Strofrecht oder och d'Strofverfolgungsrecht un nei Forme vu Kriminalitéit ugepasst ginn, déi sech weisen iwwer Elektronik oder iwwer Internet. Zum Beispill wann am Code pénal festgehale gëtt, dass d'Klaue vun engem Passwuert e Vol ass oder eng Escroquerie ka sinn, wann et iwwert d'Method vum Phishing vun Date geschitt, domat hu mer kee Problem.

Et kann een och prinzipiell diskutéieren iwwert d'Bestrofung vun enger Uneegnung vun net ëffentlechen Donnéeën iwwer Internet, wann dat aus net legitime Grënn geschitt. Zu legitime Grënn rechnen ech awer zum Beispill den „Whistleblowing". Ass et net legitim, wann iwwert de Wee vum „Whistleblowing" Informatiounen iwwer Daten, wéi dat haut geschitt iwwert de Snowden, bekannt ginn a Géigestand vun ëffentlecher Diskussioun ginn? Well se och ze dinn hu mam Géigestand vun ëffentlecher Diskussioun, nämlech der Praxis vu grousse Geheimdéngschter.

Et kann een och d'accord sinn, dass d'Geriichter nei Moyene kréien, fir mat deenen neie Methoden eens ze ginn, fir se ze ënnersichen, fir se ze ënnerbannen, wou et noutwendeg ass.

Ech mengen trotzdeem, dass déi prinzipiell Haltung eng Rei vu Froen awer opwerft. An och mengen ech, dass een eng Rei vu Froe muss opwerfen, wat dat heite Gesetz ugeet.

Et stellt sech emol éischtens d'Fro vun der Glafwierdegkeet iwwerhaapt am Strofrecht. Bestrofe mer alles och gläich? Wierklech? A bestrofe mer alles, wat eigentlech misst bestrooft ginn?

Zum Beispill, et sollen elo hei verstäerkt Strofen agefouert ginn, wann ee Blanchiment mécht am Kader vun der Cyberkriminalitéit. Dat heescht, wa Leit hëllefen derbäi, fir dat wäisszewäschen, wat do geschitt, wann een awer zum Beispill de Blanchiment bei der Infraction fiscale - déi et net gëtt, wëll ech derbäi betounen - an eisem Code pénal net gläichzäiteg aféiert. Et gëtt keng Infraktioun vun Escroquerie fiscale zum Beispill. An dat ass an engem Land wéi Lëtzebuerg awer net anodin, wann een dat seet.

Et gëtt zum Beispill, hunn ech nogekuckt, am Code pénal eng Infraktioun, wann een eng falsch Deklaratioun mécht, fir iergendeng Subventioun vum Stat ze kréien; et gëtt awer keng Penalitéit, wann een eng falsch Deklaratioun bei de Steiere mécht. Dat ass also emol eng éischt Fro, déi ech wëll opwerfen hei vun der Gläichheet vun de Bierger vis-à-vis vum Strofrecht.

Zweetens, domat verbonnen ass och d'Glafwierdegkeet: Wa mer hei d'Cyberkriminalitéit wëlle méi staark bestrofen, wéi ass et da mat der Gläichheet zum Beispill vun auslännesche Geheimdéngschter wéi der NSA par rapport zur Cyberkriminalitéit? Wie sinn dann déi gréisste Cyberkrimineller an der Welt, wann net déi grouss Servicer wéi d'NSA zum Beispill aus den USA, déi am grousse Moossstaf Date klaue vun enger grousser Mass vu Leit, wann net souguer vun der Generalitéit vun de Leit? Dat sinn awer och Froen, mengen ech, déi een an deem Kontext muss opwerfen.

Ëmsou méi si mer skeptesch, wann an deem Gesetz hei Rechter solle vum Parquet gestäerkt ginn, wat déi sougenannt „Mini-Écouten" oder „Mini-Instruktiounen" ugeet. Dat heescht, Lokaliséierung vun Télefonsgespréicher, déi kënnen ugeuerdnet ginn op Demande vum Parquet, vum Juge d'instruction, ouni dass muss eng Enquête préliminaire virdru lancéiert ginn an ouni dass dee Juge d'instruction iwwerhaapt mam Fall am Fong beschäftegt ass.

A wann ee weess, dass déi Lokaliséierung vun Télefonsgespréicher, déi sougenannt „Mini-Écouten", kënne gemaach ginn an alle Fäll, wou eng Infraktioun vermutt gëtt, wou méi wéi ee Joer maximal Prisong dropstinn. Dat heescht, an der quasi Generalitéit vun den Infraktioune kann dat geschéien a ka féieren och zu enger Aschränkung vun de Rechter vun deene Betraffenen, ouni dass iwwerhaapt geklärt ass, wat herno mat deenen Date geschitt, wa se net Géigestand herno vun enger Enquête pénale ginn.

An ech muss soen, mat där neier Infraktioun, déi hei geschafe gëtt vun der sougenannter „Ruhestörung" am Internet ënner enger falscher Identitéit, dat heescht, wann een ënner enger falscher Identitéit optrëtt do, ech liesen den Text hei: „dans le but de troubler la tranquillité d'un tiers ou de porter atteinte à son honneur ou à sa considération", da stellen ech mer d'Fro: Wat heescht dat? An zu wat kann dat féieren? Wat ass dat iwwerhaapt fir e penale Begrëff, dee vun der „Tranquillité"? Dat hei ass eng Strof, do steet net wéineg Prisong drop: Dräi Méint bis zwee Joer kann ee kréien, wann een anonym dann am Internet d'Tranquillitéit vun engem anere verletzt huet, ouni dass kloer ass, wat iwwerhaapt domat gemengt ass.

Zum Beispill beim Harcèlement obsessionnel, deem sougenannten „Stalking" am Code pénal, do ass virgesinn, dass et eng „Atteinte grave et répétée" muss sinn. Dat fält hei ewech, obschonn hei méi héich Strofen dropsti wéi beim Stalking! Et gëtt och méi héich gestrooft wéi zum Beispill déi Infraktioun, déi an deem Artikel virdru steet, an zwar wann een e falschen Numm ëffentlech benotzt. Do stinn, an dësem Fall, vill méi staark Strofen drop.

Et gëtt sech beruff op „Comportement dans les réseaux sociaux". Et gëtt net erkläert, wourëms et sech hei handelt. An ech hunn och d'Gefill, wéi wann dat hei net richteg diskutéiert gi wier mat engem Deel vun deene betraffene Leit, wéi zum Beispill der Associatioun vun de Strofjuristen, mat der Ligue des droits de l'Homme oder och emol en Avis ze froe bei de Geriichter oder beim Conseil de l'Ordre vun den Affekoten, déi awer vill domadder ze dinn hunn.

A wann hei vu Rassismus geschwat gëtt, da muss ech awer soen, de Rassismus ass elo schonn eng Strofdot. Déi steet elo schonn am Code pénal. Do brauch een déi Konventioun guer net ëmzesetzen. D'Ëmsetzung vun där Konventioun, déi mir hei maachen, huet iwwerhaapt näischt mat der Infraktioun vum Rassismus ze dinn.

A wann een ënner engem anonymen, ënner Couvert vun der Anonymitéit am Internet, op Forumen an esou weider rassistesch Terme benotzt, dann ass et elo scho méiglech, dass e Riichter d'Anonymitéit ophieft. Well d'Redaktioune kennen déi Leit, déi hannendrustinn. Et ass also méiglech, wann een eng Infraktioun am Internet mécht, elo schonn, dass d'Anonymitéit opgehuewe gëtt.

Hei féiere mer eng nei Infraktioun an, déi zimlech verschwomme Konturen huet, wou een net genau weess, wat et ass, wou och eemoleg Faiten, déi guer net esou grav sinn, kënne bestrooft ginn an héich bestrooft ginn, obscho mer eigentlech d'Moyenen hätten, aner Moyenen hätten am Code pénal, fir déi Froen do ze léisen.

Dat Gesetz hei geet nämlech wäit iwwert déi Konventiounen eraus, déi mer hei sollen unhuelen. Et verschäerft op eng gewësse Manéier d'Strofrecht. Et harmoniséiert d'Strofen no uewen, dat steet ganz däitlech dran. A gläichzäiteg léist et aner Problemer net, déi sech an dësem Kontext stellen, déi och schonn hei opgeworf gi sinn, wéi zum Beispill eng Léisung fir de Problem vun der Vorratsdatenspeicherung, wou op spéider verwise gëtt. A wéi och eng Rei vu Rechter vun deene Betraffenen, zum Beispill bei esou Écouten, déi hei kënne gemaach ginn.

Dat heescht, dat Gesetz hei ass eiser Meenung no anzereien an eng Verstäerkung vu repressive Mëttelen, déi heiansdo noutwendeg sinn, mä op eng Aart a Weis, déi zimlech wäit, fanne mir, iwwert d'Zil erausschéisst. An duerfir kënne mer dat Gesetz hei net stëmmen.

Ech soen lech Merci.

M. le Président.- Merci och dem Här Urbany. Domat wäre mer um Enn vun der Riednerlëscht ukomm. Als Nächsten huet d'Wuert de Justizminister, den Här Félix Braz.

Prise de position du Gouvernement

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice*.- Merci, Här President. Fir d'Éischt direkt e ganz grousse Merci un de Rapporteur, de Guy Arendt, awer och un den éischte Rapporteur, de Gilles Roth, fir dee wierklech ganz komplette Rapport op all de Punkten, net nëmmen um Historique, mä och um Contenu vum Projet de loi. An ech wäert och duerfir méi probéieren, op d'Reaktioune vun den eenzelne Virriedner anzegoen, an net och nach eng Kéier selwer elo d'Oplëschtung ze maache vun den Neierungen, déi mer duerch dëst Gesetz kréien.

Ech widderhuele just nach eng Kéier, den Objet vum Projet de loi war et, déi sougenannten, oder ass et, déi sougenannten „Budapester Konventioun" an de Protocole additionnel a Lëtzebuerger Recht ëmzesetzen. Mir hunn eng gewëssen Urgence, fir dat ze maachen. Mir hunn an de leschte Jore ganz vill Länner, déi allermeeschte Länner, déi Member si vum Conseil de l'Europe, gesinn, déi Konventioun ëmsetzen. Zu Lëtzebuerg ass dat net de Fall gewiescht. D'Konventioun ass vun 2001, mir sinn also schonn 13 Joer heimadder ënnerwee.

An et gouf an der Vergaangenheet, och zu Lëtzebuerg, méi wéi eng Kéier och d'Demande, fir dës Konventioun ze ënnerzeechnen. An de Protokoll zum Beispill vun enger Associatioun wéi der ASTI, déi sech aus enger Rei vu verständleche Grënn staark derfir gemaach huet, dës Konventioun ze ënnerstëtzen. Hei geet et och net nëmmen ëm Poursuiten an Definitioun vun Infraktiounen, mä hei geet et och gläichzäiteg ëm de Schutz vu Rechter, déi an de leschte Joren net ëmmer respektéiert gi sinn.

Et ass also net nëmmen, wéi et elo vum leschte Riedner duergestallt ginn ass, eng Konventioun, déi reng repressive Charakter huet. Déi Instrumenter, déi mer eis hei ginn an déi nei Infraktiounen am Code pénal sinn och gläichzäiteg e Schutz fir déi, déi an de leschte Joren, well mer dës Konventioun net ëmgesat hunn, och Nodeeler haten.

De Phenomeen vun der organiséierter en fait ganz oft Kriminalitéit iwwer Internet ass en internationale Phenomeen, dee wäit iwwert d'Lëtzebuerger Grenzen, an deenen allermeeschte Fäll, erausgeet. Mä d'Escroquerie

iwwer Internet oder d'Cyberkriminalitéit huet mëttlerweil e Coût, dee méi héich ass wéi den Trafic vu verschidden Drogen, sief dat Kokain, Heroin oder Marihuana zesummegezielt. Dat ass eng Ausso, déi de Chef vun Interpol virun zwee Joer gemaach huet. Et ass also kee Randphenomeen am Beräich vun der Kriminalitéit, et ass en enorme Phenomeen. D'Cyberkriminalitéit betrëfft all d'Länner - all d'Länner! -, an zwar op eng massiv Aart a Weis.

An duerfir widderhuelen ech nach eng Kéier, mengen ech, dass et absolut ubruecht ass, dass mer déi Konventioun hei ënnerzeechnen an hei zu Lëtzebuerg ëmsetzen duerch dëst Gesetz, well mer eis net virun engem Phenomeen erëmfannen, dee Lëtzebuerg nëmmen um Rand géif betreffen, net méi iwwert de Volet vun der organiséierter Kriminalitéit ze diskutéieren.

De Projet ass déposéiert gi vum François Biltgen, ass weidergefouert gi vun der Madame Modert. An ech soen der Chamber Merci, dass mer dee Projet haut kënne stëmmen. Ech wëll nieft de Mercien un de Rapporteur an och un den Här Roth, dee jo deen éischte Rapporteur war, awer och ausdrécklech de Gilles Herrmann vum Parquet Lëtzebuerg aschléissen, deen der Commission juridique wierklech mat ganz vill Kompetenz an Disponibilitéit zur Verfügung stoung. An ech wëll em och duerfir vun dëser Säit aus Merci soen.

D'Informatiounsgesellschaft ass all Dag, mir liewen all haut an der Informatiounsgesellschaft a si brëngt eis ganz vill Avantagen. Si produzéiert awer och Victimen. An et ass duerfir, wou mer eis haut mat dësem Text beschäftegen. D'Informatiounsgesellschaft ass net nëmmen d'Gesellschaft vun der Fräiheet, d'Gesellschaft vun der Rapiditéit, vun der Informatioun, vun der fräier Meenungsäusserung; d'Informatiounsgesellschaft huet, wéi alles, och hir negativ Säiten. An ech mengen, dass et duerfir net exzessiv ass, au contraire, wa mer dëst Gesetz haut stëmmen.

Zu de Victimen, déi d'Informatiounsgesellschaft produzéiert, gehéiere ganz oft déiselwecht, déi och an der Netinformatiounsgesellschaft, mä am alldeegleche Liewen zu Victimë kënne ginn. Dat si ganz, ganz oft déiselwecht. D'Kannerpornografie, verschidde Forme vu Volen, d'Usurpatioun vun der Identitéit, e ganz seriöe Phenomeen. E ganz seriöe Problem! An et schwätzen nëmmen déi liichtfankeg driwwer, déi nach ni am Fall waren. Wann dat engem geschitt um Internet, dass engem seng Identitéit geklaut gëtt an domadder Unfug gemaach gëtt, mat deenen enorme Moyenen an Effets multiplicateurs, déi den Internet huet, dat ass verheerend fir deen, deen et trëfft.

De Phenomeen vum Phishing, vum Hameçonnage, aner Infraktiounen - den Här Kartheiser huet se virdrun a sengem Plädoyer, ech kommen herno nach drop zréck, och opgeworf -, Révisionnismen, Négationnismen, Xenophobie, Rassismus, dat si Phenomeener, déi mer net nëmmen am Alldeeglechen, an der reeller Welt, fir se emol esou ze nennen, kennen, mä déi gëtt et och um Internet. An d'Victimen dovun, déi maachen den Ënnerscheed net. Wann der dovunner Victime sidd, dat emfannt der, dat spiert der an domadder musst der da liewen. Déi maachen net den Ënnerscheed.

Duerfir ass et net méi wéi richteg, dass mer probéieren, wa mer dee Phenomeen jo falsch fannen an e scho méi laang incriminéiert hunn, a sech nach ni een dergéint gewiert huet, dass mer dat incriminéieren. Ech hunn an der Chamber nach ni eng flammend Ried dergéint gehat, déi doten Infraktiounen aus eisem Code pénal erauszehuelen. Duerfir wonnert et mech e bësschen, dass mer ähnlech lautend Plädoyeren e bëssen de Mëtten hei héieren hunn, well mer se elo wëllen an der virtueller Welt, déi awer fir déi Leit ganz reell Konsequenzen huet, op eemol a Fro stellen. Do gëtt et e gedankleche Lien, dee mir entgeet, muss ech zouginn.

E puer Iwwerleeungen zu der Anonymitéit. Ech schléisse mech och deem un, wat de Chambersprésident bei senger Untrëttsried oder quasi Untrëttsried - ech weess net méi genee, ech mengen, et war déi - gesot huet, dass mer an eiser Gesellschaft d'Anonymitéit mussen zum Deel a Fro stellen. Ech soe bewosst, zum Deel. D'Anonymitéit ass vläicht e Manktum u Courage, kann awer och heiansdo en Tribut sinn un d'Realitéit.

Virdrun ass d'Stéchwuert gefall, ech mengen, et war den Här Urbany, deen dovunner geschwat huet, d'Stéchwuert „Whistleblowing", wou mer jo schonn zu Lëtzebuerg eng Gesetzgebung awer hunn. An ech wëll déi Remarque och elo maachen: Dëst Gesetz steet jo net iwwer anere Gesetzer. Déi aner Gesetzer, déi mer schonn hunn, zum Beispill beim „Whistleblowing", gëlle weiderhin.

Dir hutt d'Fro gestallt no den Daten, wat mat deene geschitt. Mir hunn en Dateschutzgesetz. A bien entendu setzt dëst Gesetz eist Dateschutzgesetz net ausser Kraaft. Déi allgemeng Regele vun deem Gesetz bleiwe weiderhin d'application.

Mä et ass richteg, an ech ënnerstëtzen dee Plädoyer, wa gesot gëtt, mir sollen de Courage hu vun eisen Opiniounen a mir sollen an enger ëffentlecher Debatt op d'Anonymitéit verzichten. Och wann een ebe ka Verständnis duerfir hunn, a bestëmmte Kontexter. Dat sinn déi Fäll, déi am „Whistleblowing"-Gesetz geregelt sinn, dass een do ka Verständnis fir bestëmmten Attitüden hunn, well d'Konsequenze fir déi betraffe Persoun kënne ganz grouss sinn. Mä an enger normaler demokratescher Ausenanersetzung gëtt et och a mengen Ae wéineg Grënn fir Anonymitéit.

Déi Pseudonymen, déi gebraucht ginn, dat ass jo net onbedéngt datselwecht wéi Anonymitéit. Pseudonymitéit um Internet, an dat soll een och differenzéieren, dat ass net ëmmer datselwecht. An et kann ee séier erausfannen, och technesch - net ëmmer; déi, déi wierklech wëssen, wéi ee sech ka verstoppen, deene geléngt dat och nach haut relativ gutt -, mä et kann ee relativ liicht, bei Leit, déi net esou bewandert sinn am Techneschen, hannert dem Pseudonym, wann et e Grond géif derfir ginn, an dat muss ee gewiichtege Grond sinn, deen also mam Strofgesetzbuch ze dinn huet, an nëmmen an deene Fäll, ass et relativ liicht haut, hannert der Pseudonymitéit d'Anonymitéit opzehiewen. Dat ass also net datselwecht. An ech fanne weiderhin, a mir hate jo och eng parlamentaresch Ufro vum Michel Wolter beäntwert an deem dote Sënn, dass ee soll do virsiichteg sinn an net iwwerdreiwen, well et kann duerchaus en onproblemateschen Ëmgang och gi mat der Pseudonymitéit.

Allerdéngs do, wou Anonymitéit oder Pseudonymitéit Victimë produzéieren, do gëtt et e Problem. Do, wou d'Meenungsfräiheet an d'Recht sech hanner engem Pseudonym aus wat fir Grënn och ëmmer verstoppen, wou dat Recht dozou féiert, dass en aneren a senge Rechter blesséiert gëtt, wou also d'Anonymitéit an d'Pseudonymitéit eng Victime produzéieren, jo, do muss d'Gesellschaft sech ëm déi Victime këmmeren. Da kënne mer net soen: An dëser Gesellschaft héieren d'Rechter beim Recht op fräi Meenungsäusserung op. Dat ass e Grondrecht, mä et gëtt där Grondrechter nach. Notamment de Schutz, wann een eng Victime ass vun enger Infraktioun, vum Stat respektéiert ze ginn a sengem ongefroten an ongewollte Statut vun der Victime, an dass een där Victime zu hire Rechter verhëlleft. An dofir ass dëst Gesetz, wat mer haut stëmmen, an den Ae vun der Regierung e ganz wichtegt.

An natierlech, an dat ass och virdru gesot ginn, musse mer generell am Kontext vun der Informatiounsgesellschaft eis ëmmer nees mat der Fro beschäftege vun der Sensibiliséierung. Dat betrëfft déi Mannerjäheg. Dat betrëfft all déi Erwuessen. Et betrëfft eis an engem professionellen Ëmfeld. Mir brauchen eng Kultur zu Lëtzebuerg vum Ëmgang mat informateschen Donnéeën. D'Technik ass rasant, an ze mengen, et kéint een eleng mat Gesetzer dem Phenomeen an den Abuse vum Phenomeen bäikommen, mengen ech, ass eng Illusioun. Mir brauchen eng Kultur zu Lëtzebuerg vum Ëmgang mat der Informatiounsgesellschaft am Alldag an op all den Niveauen, privat wéi berufflech. Dat hëlleft eis mindestens esou vill wéi e Gesetz, wéi Gesetzer, och wann dëst, wat mer haut stëmmen, a mengen Ae komplett berechtegt ass.

Da sinn nach e puer Froen a Remarquen och gemaach ginn zu deenen Arrêten, deene rezenten Arrête vun der Cour de justice, dee vum 8. Abrëll 2014 iwwert d'Rétention de données, d'„data retention", an awer och dee méi rezenten iwwer Google Spain am Mee 2014.

D'Lëtzebuerger Regierung huet am Abrëll op den Arrêt vun der Cour de justice iwwert d'Rétention des données als éischt Regierung an Europa, an der Europäescher Unioun reagéiert. Et hunn der vill bis haut nach iwwerhaapt drop ze reagéieren. D'Lëtzebuerger Regierung huet den Dag selwer op den Arrêt reagéiert. An ech mengen och, dass dat richteg war, well deen Arrêt ze begréissen ass. An d'Lëtzebuerger Regierung huet den Arrêt wëllen den Dag selwer begréissen, well den Arrêt ganz kloer an onmëssverständlech gemaach huet, dass et an der Europäescher Unioun och do net nëmmen ee Recht gëtt.

Esou wéi et bei der Diskussioun virdrun net nëmmen d'Recht gëtt op fräi Meenungsäusserung, mä och aner Grondrechter, gëtt et och hei an Europa net nëmmen e Recht op Sécherheet, et gëtt och e Recht op Schutz vun der Privatsphär. An deen Arrêt vum 8. Abrëll 2014 huet ganz kloergemaach, dass d'Recht op Sécherheet, esou fundamental et och ass, ëmmer muss zesumme gelies a verstanen an interpretéiert ginn, zesumme mat anere Grondrechter, notamment dem Recht op Privatsphär. An ze laang, vill ze laang, huet sech d'Europäesch Unioun nom 9/11-Schock, ënnert dem Androck vun deem Schock an och dem Drock, deem verständlechen Drock vläicht vun den Amerikaner, zu enger sécuritairer Linn verleede gelooss, aus enger Rei vun och akzeptabelen a richtege Grënn, déi awer mat Momenter aner Grondrecht tangéiert hunn a souguer a Fro gestallt hunn.

Dësen Arrêt huet an den Ae vun der Lëtzebuerger Regierung dat riichtgebéit an den Équiliber nees probéiert hierzestellen; deen noutwendegen Équiliber, déi noutwendeg Ofweiung, déi muss gemaach ginn. An dofir hu mer den Dag selwer vum Arrêt den Arrêt begréisst. Mir hunn och den Dag selwer vum Arrêt ugefaangen, eis mat der Fro ze beschäftegen: Ass dann elo eist Gesetz, an dat ass vum Här Roth virdru gesot ginn, d'Gesetz vun 2010, wat op där Direktiv, déi annuléiert ginn ass, berout, awer net nëmmen, nach gülteg?

Eis aktuell Gesetzgebung berout och zu groussen Deeler op der Direktiv vun 2002. Dat éischt Gesetz, wat mer gemaach hunn, war 2005, opgrond vun där Direktiv vun 2002. An d'Analys, déi mir natierlech hu misse maachen, ass déi: Ass eis Gesetzgebung elo nach do, no där Annulatioun vun der Direktiv?

Formell ass d'Äntwert jo. Den Arrêt huet d'Lëtzebuerger Gesetzgebung formell net annuléiert. Si steet do. Mä si steet do op eng Aart a Weis, déi net ganz stabil ass. Well all eenzel Dispositioun vun deem Gesetz, wat mer hunn, awer vun engem Affekot, vun all Affekot virun engem Riichter kann invoquéiert ginn. An de Riichter huet natierlech eng Tendenz, fir sech awer op déi international Rechtslag ze beruffen an ze soen: Majo, do gëtt et awer en Arrêt, dee kloer seet, dass dat doten eigentlech net geet, déi dote Mesure d'instruction. Also kënne mer dat, wat do derbäi erauskomm ass, d'Resultat vun enger Écoute zum Beispill, net berücksichtegen.

Mir hunn also eng juristesch schwiereg Situatioun. An dofir, an ech kommen herno nach eng Kéier dorop zréck, musse mer eis relativ séier mat där Fro do beschäftegen.

Et ass och erwähnt ginn, dass an der Konventioun, déi mer haut ëmsetze vu Budapest, och där Conservatiounselementer dra sinn. A mir haten effektiv de Choix, den Här Urbany hat dat opgeworf, mir hunn de Choix, vu dass där Elementer och hei dra sinn, déi opgrond vun deem Arrêt contestabel schéngen, an ech mengen, dass dat net falsch ass, d'Ëmsetzung haut ze stoppen, ze waarden, bis et eng Kéier eng nei europäesch Initiativ gëtt, oder weiderzefueren, wëssend, dass dës Dispositioun, wéi anerer eben och, am Lëtzebuerger Recht am Moment da contestabel wieren a se um Enn enger gemeinsamer Léisung kënnen zouzeféieren.

D'Regierung ass ausdrécklech frou doriwwer, dass d'Chamberskommissioun op dee Wee gaangen ass, dee mer haut hei guttheeschen, nämlech all déi wichteg an noutwendeg Elementer aus der Konventioun haut schonn an d'Lëtzebuerger Gesetzgebung eranzehuelen, wëssend, dass een Element dovu problematesch ass, esou wéi anerer och, opgrond vun deem Arrêt, an dass mer dann um Enn all déi Dispositiounen iwwer Vorratsdatenspeicherung enger kohärenter Léisung hei zu Lëtzebuerg wäerten zouféieren, mä en attendant mer awer scho kënnen déi Konventioun ëmsetzen, well do ganz vill Richteges drasteet, a ganz besonnesch, ech widderhuelen et, aus den Ae vun deene Leit, déi Victime gi vun Infraktiounen, déi iwwert den elektronesche Wee geschéien a multiplizéiert ginn.

An dofir nach eng Kéier Merci un d'Kommissioun, dass mer deen dote Wee gaange sinn. Mir gesinn do kee Widdersproch, mä mir gesinn do e Fortschrëtt. A mir wäerten um Enn och eng gemeinsam a verstänneg Léisung hunn.

Zum Ofschloss, Här President, mir wäerten eis natierlech an der Commission juridique domat beschäftegen. Muer an iwwermuer ass e JAI-Conseil zu Lëtzebuerg, wou genee dat do um Ordre du jour steet, deen Arrêt. Mir hunn eis intern Reflexioune scho ganz wäit virubruecht. Muer de Moien ass nach eng lescht Réunioun, déi ech hunn, ier dee JAI-Conseil ass.

Den 20. Juni wäerte mer am Regierungsrot probéieren, éischt Konklusiounen ze zéien, ier mer dann direkt hannendrun ufanks Juli an déi jointe Kommissioune kommen, fir ze kucken, wéi mer zu Lëtzebuerg weiderginn, ob mer - an dat sinn am Fong déi zwou Optiounen, déi mer hunn, et gëtt der nëmmen zwou - elo direkt e Gesetz maachen, wat eis Lëtzebuerger Gesetzgebung arrêt-konform mécht, ob mer dat direkt solle maachen, Optioun 1, oder Optioun 2, an den Här Roth huet sech fir d'CSV éischter fir déi ausgeschwat, ze waarden, dass och um europäesche Plang eng Initiativ komm ass an d'Fro europäesch kläert, ier mer dann d'Upassung vun der Lëtzebuerger Législatioun maachen.

D'Regierung huet sech nach net festgeluecht. Mir waarden och dofir op d'Informatioune vum nächste JAI-Conseil, ier mer kënnen eng Konklusioun zéien. Mä dat sinn déi zwou Optiounen. Méi gëtt et der net. Mir brauchen et och net méi komplizéiert ze maache wéi dat doten.

Just ee Wuert nach zu der CNPD an dem Piratage, dee bei eBay stattfonnt huet. D'CNPD spillt eng ganz grouss Roll fir de Bierger hei vu Lëtzebuerg, awer och am Ausbau vun engem Secteur, dee mer wëllen zu Lëtzebuerg weider virubréngen. An et ass kloer, dass d'Effikassitéit, d'Kompetenz an de Professionalismus vun der CNPD do eng kruzial Roll spillt. Nach eng Kéier: Net nëmme fir de Secteur, och fir d'Bierger vu Lëtzebuerg, mä natierlech och fir de Secteur.

An dofir ass fir d'Regierung och kloer, dass mer déi Diskussioun ronderëm den Développement vun deem Secteur ëmmer musse considéréiere mat engem Bléck op d'Qualitéit vun der Aarbecht vun der CNPD, déi ganz gutt ass, mä wou d'Erausfuerderungen an d'Luucht ginn. An natierlech muss d'CNPD do kënne mathalen, soss kréie mer relativ séier e Kredibilitéitsproblem an Europa. An dat kënne mer eis net erlaben. Dat ass fir d'Regierung ganz kloer. Wat dat elo genee heescht an de Moyenen, dat musse mer au cas par cas kucken en fonction vun der Evolutioun och vum Secteur an Europa.

Eng allerlescht Remarque, wann Der erlaabt, Här President, just nach…

Jo?

M. le Président.- Jo. Awer wierklech eng allerlescht.

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* Just eng allerlescht fir den Här Kartheiser a fir den Här Urbany. Ech fannen, den Här Kartheiser huet eng iwwerzeegte Grondsazried gehalen iwwert d'Meenungsfräiheet. Seng Meenung gëtt an Amerika gedeelt. Do däerf ee wesentlech méi wäit goe wéi an Europa an och en anere méi op de Kapp stoussen. An Europa, besonnesch zu Lëtzebuerg, hu mer do eng aner Traditioun, déi ech ausdrécklech ënnerstëtzen: Jiddwerengem seng perséinlech Fräiheet hält do op, wou deem anere seng ufänkt.

Plusieurs voix.- Très bien!

M. le Président.- Merci dem Här Minister. Mir géifen dann…

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* Ech wollt Parole après ministre froen, Här President. Ech wollt nach eppes soen zu deem,…

M. le Président.- Jo.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* …wat, besonnesch zum Schluss, de Justizminister elo gesot huet. Et kann ee verschidde Meenungen hunn zu deene Saachen, déi am Internet esou ënnert dem Couvert vun der Anonymitéit geschriwwe ginn. Mä hei geet et drëm, fir eng Strofdot, eng Infraktioun anzeféieren, a wann ech an de Code pénal eng Strofdot aféieren, da muss deen, deen dogéint susceptibel ass ze verstoussen, genau wëssen, wéini dass en dogéint verstéisst.

An dat ass dat, wat ech hei kritiséieren, wann hei einfach nëmme vun enger Atteinte à la tranquillité d'une tierce personne Rieds geet, ouni dass dat qualifizéiert muss sinn, während zum Beispill beim Stalking, wann ech enger Persoun nostellen, do steet, dat ass nëmmen de Fall, wann et de façon répétée ass a wann ech genau wosst oder hätt misse wëssen, dass déi Persoun an hirer Tranquillitéit gestéiert gëtt.

Hei ass dat net esou! Hei ass einfach de façon générale de Begrëff vun der Tranquillité. Wat heescht dat konkret?

Strofrecht, ech sinn zwar kee Strofrechtler, mä Strofrecht muss ëmmer konkret sinn, well schliisslech op deene Bestëmmungen hei, déi esou vag gehale sinn, wëll ech awer dem Här Minister soen, kann ee bis zu zwee Joer an de Prisong geschéckt ginn. Et ass also net, fir déi elo esou vag ze formuléieren, an eleng dass esou vag formuléiert gëtt, ass fir eis Ursaach genuch, fir dat Gesetz hei net ze stëmmen.

M. le Président.- Jo, eng Reaktioun vum Här Minister, wou ech awer wëll drop hiweisen, dass den Här Urbany genee datselwecht och scho virdru gesot hat.

(Brouhaha général)

M. Félix Braz, *Ministre de la Justice.-* Jo, just an zéng Sekonnen. Et muss een dat net falsch fannen, wat den Här Urbany gesot huet. Natierlech gëtt et do eng gewëssen Imprezisioun.

Mä mir féieren hei eng Rei nei Infraktiounen an de Code pénal an, an et opläit de Geriichter, iwwer hir Jurisprudenz dat do ze definéieren, an d'Chamber ass ëmmer fräi, wa se géif fannen, dass bei der Interpretatioun, déi d'Geriichter maachen, an den Ae vum Parlament dat géif ze wäit goen, dann ass d'Chamber ëmmer fräi, d'Gesetz nees ofzeänneren an d'Gesetz ze preziséieren.

Mä à ce stade wou mer haut sinn, Här Urbany, kréie mer nei Infraktiounen, an d'Geriichter sollen awer och e bëssen eist Vertrauen hunn, dass déi dat esou wäerten interpretéieren an hirer Jurisprudenz, dass et zu engem Schutz vun de Rechter vun deene Schwaachen heiduerch kënnt, an net duerch déi Exzesser, déi den Här Urbany beschreift, wou ech mengen, dass se net wäerte geschéien. Mä d'Chamber bleift, wéi gesot, ëmmer fräi, d'Gesetz och nodréiglech ze änneren, wa se der Meenung wier, dass d'Geriichter net géife gutt schaffen.

M. Serge Urbany *(déi Lénk).-* De Législateur soll eng propper Aarbecht ofliwwere vun Ufank un.

M. le Président.- Ech mengen, et ass alles gesot, a mir géifen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 6514 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 6514 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung ass lancéiert. D'Procuratiounen.

De Vote ass ofgeschloss. Resultat: 57-mol Jo, zweemol Neen. Domat ass de Projet 6514 ugeholl.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 6514 est adopté par 58 voix pour et 2 voix contre.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Luc Frieden, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Jean-Claude Juncker, Aly Kaes, Marc Lies, Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Cécile Hemmen et M. Roger Negri;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, M. Eugène Berger, Mme Anne Brasseur, M. Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Claude Adam, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, M. Roberto Traversini et Mme Christiane Wickler;

MM. Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding.

Ont voté non: MM. Justin Turpel et Serge Urbany.

Ass d'Chamber dermat d'accord, fir dem Projet d'Dispens vum zweete Vote ze ginn?

(Assentiment)

Jo, dat schéngt kloer ze sinn. Merci.

Da géife mer zum nächste Punkt vum Ordre du jour iwwergoen, der Presentatioun an der Diskussioun iwwert d'Projete 6626 a 6684, dat heescht de Bau vun engem Tram an de Bau vun enger Gare bei der Rouder Bréck. D'Wuert huet déi honorabel Rapportrice, d'Madame Josée Lorsché.

8. 6626 - Projet de loi portant sur la construction d'une ligne de tramway à Luxembourg entre la Gare centrale et le Circuit de la Foire Internationale au Kirchberg

et

6684 - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 mai 1995 relative à la gestion de l'infrastructure ferroviaire

Rapport de la Commission du Développement durable sur le projet de loi n°6626

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.-* Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, als Rapportrice vun engem Projet de loi, deen eng laang a beweegte Virgeschicht huet, wéilt ech mat engem Merci ufänken. Ech wéilt deene Leit Merci soen, déi sech scho viru Jorzéngte fir eng besser Mobilitéit zu Lëtzebuerg agesat hunn an oft géint de Stroum geschwomme sinn.

Ee vun hinne war den honorabele Willy Bourg, deen am Joer 2003 verscheed ass, Vizepresident vun der Chamber war an engagéierte Verfechter vum Tram. Fir hie géif haut en Dram an Erfëllung goen, natierlech am Fall, wou de Projet och gestëmmt gëtt.

En aneren, un deen ech wéilt erënneren, ass den honorabele Marc Zanussi, deen eis am Juni 2004, also viru genee zéng Joer verlooss huet, op de Mount, an dëse Moment leider net méi kann erliewen. Den 20. November 1996 stoung de Marc Zanussi als President vun der deemoleger Transportkommissioun op dëser Plaz an huet mat engem Rapport en éischten Débat d'orientation iwwer en Tram zu Lëtzebuerg ageleet. Domat war de politesche Grondstee fir déi folgend Jore geluecht. Duerfir hinnen e besonnesche Merci.

Et sollt awer 18 Joer daueren, bis de Projet de loi 6626, deen de Bau vum Tram erméiglecht, op dëser Plaz ukomm ass. Dat ass schonn e besonnesche Moment, net nëmme fir mech als Rapportrice, mä ech menge fir Iech alleguer, besonnesch fir déi Leit, déi d'Virgänger kannt hunn an dëser Geschicht.

Domat kommen ech bei mäi Rapport a bei déi wichtegst Daten.

(Mme Simone Beissel prend la présidence.)

De 4. Oktober 2013 ass de Projet de loi 6626 vum fréieren Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler déposéiert ginn. Den 21. Januar 2014 huet de Statsrot säin Avis ofginn. D'Avise vun der Chambre des Salariés, der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers datéiere jeeweils vum 6. Februar, 19. Februar an 1. Abrëll 2014.

Den 29. Januar 2014 hunn d'Membere vun der Nohaltegkeetskommissioun mech als Rapportrice designéiert. An de Sëtzunge vum 5. Februar, 30. Abrëll a 14. Mee 2014 huet d'Kommissioun sech souwuel mam Gesetzesentworf wéi och mam Avis vum Statsrot befaasst.

De 27. Mee 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun gemeinsam mat der Petitiounskommissioun a mat der Kommissioun vun den Institutiounen un enger ëffentlecher Debatt mat véier Pétitionnairen deelgeholl, déi d'Petitioun mam Numm „Géint den Tram a fir d'Ofhale vun engem Referendum" als Objet hat. Duerno hunn déi dräi Kommissiounen hir Konklusiounen aus dem Austausch gezunn. Den 28. Mee 2014 huet d'Nohaltegkeetskommissioun mäi Projet de rapport majoritär ugeholl.

Wéi Dir konnt feststellen, jiddefalls déi, déi de Rapport gelies hunn, sinn ech am éischten Deel op d'Entstehung an op d'Geschicht vum Tram agaangen. Dozou just e kuerze mëndleche Résumé.

Nodeems den Tram am Joer 1832 an Amerika erfonnt gi war, sech an der zweeter Halschent vum 19. Jorhonnert och an Europa verbreet huet, ass déi éischt Linn zu Lëtzebuerg den 22. Februar 1875 ageweit ginn. Dës Linn huet d'Gare mat der Uewerstad verbonnen an ass duerno bis op de Lampertsbierg ausgedehnt ginn. Si hat eng Längt vu ganz genee 10 km.

Am Joer 1908 ass den Tram, dee bis dohi vu Päerd gezu gi war, duerch en elektreschen Tram ersat ginn, an dëse moderne Modell huet sech tëschent zwee Weltkricher zu engem vun de beléifteste Verkéiersmëttel entwéckelt.

Am Kanton vun Esch/Uelzecht, dee mer hei net solle vergiessen, ass en éischten interkommunalen Tram ageweit ginn. Dat war am Joer 1927. En huet d'Südgemenge matenee verbonnen a war souzesoen e Virleefer vum heitegen TICE.

No sengem éischte Boom huet den Tram nom Zweete Weltkrich awer lues a lues u Beléiftheet verluer. Dat ass komm opgrond vun der rasanter Entwécklung vun der Automobilindustrie, vun der Kommerzialiséierung vum Privatauto, deen an de 50er a 60er Joren ëmmer méi zu engem Statussymbol ginn ass. En ass ugesi ginn als Symbol vu perséinlecher Fräiheet a vun Identitéit.

D'Resultat war natierlech, datt ëmmer méi Stroosse gebaut gi sinn an datt d'Réseaue vum Tram lues a lues suppriméiert gi sinn. Den Triumph vum Privatauto, et war souguer eng Marque, déi deen Numm gedroen huet, war trotz sengem Prestigewäert net vu laanger Dauer. Jiddefalls net an de grousse Stied. Schonn an de 70er Joren huet nees en Ëmdenken zugonschte vum ëffentlechen Transport stattfonnt. Domat huet den Tram, wéi et oft genannt gëtt, eng Wiedergebuert erlieft an huet et fäerdegbruecht, sech nieft anere Systemer wéi dem Metro a ville Stied géint de Privatauto duerchzesetzen.

De Grond vun deem Revirement louch natierlech am massiven Zouwuess vum Individualverkéier mat allen negative Konsequenzen, déi mer haut ganz gutt kennen. Net ze vergiessen huet och d'Pëtrolskris an de 70er Joren zu engem Ëmdenken a puncto Ressourcëverbrauch misse féieren. D'Gesellschaft, d'Politik an d'Technik stoungen domat virun neien Erausfuerderungen. Weltwäit sinn nei a performant Tram- a Metrosystemer entwéckelt ginn, déi och zu Lëtzebuerg fir Begeeschterung gesuergt hunn, an dat net nëmmen an deene méi marginale Kreesser, ënner anerem och bei deene Grëngen.

De 7. Mäerz 1991 hunn eng Rei couragéiert Biergerinnen a Bierger, déi kenger politescher Partei ugehéiert hunn, sech zesummegedoen an hunn d'„Tram A.s.b.l." gegrënnt, mam Zil, d'Iddi vun engem Tram zu Lëtzebuerg populär ze maachen an ze konkretiséieren. Zesumme mam Mouvement écologique an der Fondation Oekofonds huet d'Tram A.s.b.l. eng Etüd mam Numm „E modernen Tram fir Lëtzebuerg" an Optrag ginn Ufank den 90er Joren. Se ass vun der Technescher Universitéit vu Wien duerchgefouert ginn. D'Resultater vun där Etüd sinn den 21. Februar 1992 am Théâtre municipal vun der Stad Lëtzebuerg vum Ingenieur a Professer Dokter Hermann Knoflacher virgestallt ginn.

Domat louchen déi éischt konkret Pläng um Dësch. Si hu virgesinn, datt den zukünftegen Tram un de Réseau vun der Eisebunn géif ugeschloss ginn an, grad wéi de Projet vun haut, vun der Gare bis op de Kierchbierg géif gezu ginn. Nodeems d'Chamber an d'Regierung sech bis dohin am Hannergrond gehalen haten, sech net weider agemëscht haten, si se bei der Virstellung vun där Etüd erwächt, mam Resultat, datt duerno ganzer véier Legislaturperioden, also ganzer 20 Joer, am Zeeche vum Tram stoungen. Op déi wéilt ech kuerz agoen.

Déi éischt Regierung, déi sech intensiv mam Tram beschäftegt huet, war d'CSV/LSAP-Koalitioun aus de Jore ´94 bis ´99 mat - um Ufank - dem Jacques Santer als Premierminister an duerno, no sengem Départ op Bréissel, mam Här Jean-Claude Juncker. D'Transportministesch war d'Madame Delvaux-Stehres, déi zesumme mat der Stad Lëtzebuerg d'Etüd Luxtraffic an Optrag ginn huet, fir ze analyséieren, wéi ee Modell vun Tram sech fir d'Haaptstad an d'Regioun ronderëm am beschte géif eegnen.

D'Konklusioun vun där Etüd war déi, datt e modernen Tram kombinéiert mam Bus a mat der Bunn vill Virdeeler hätt an déi beschte Léisung fir Lëtzebuerg géif duerstellen. D'Regierung huet doropshin décidéiert, de Projet ëmzesetzen. No engem Hearing, un deem 16 Organisatiounen an aner Acteuren deelgeholl hunn, koum et an der Chamber zu engem éischten Débat d'orientation, bei deem den éierewäerte Marc Zanussi wéi gesot Rapporteur war.

An deem Kontext ass d'Regierung den 9. Dezember 1997 iwwer eng Motioun opgefuerdert ginn, de Projet BTB ze beschleunegen, fir datt en am Joer 2002 kéint a Betrib goen. Dat heescht, wann dat agetruede wär, wäre mer haut mam Tram hei. D'Motioun war vun der grénger Fraktioun déposéiert ginn an à main levée vun der Chamber ugeholl ginn. Am Mäerz 1999 huet d'Madame Delvaux-Stehres awer missen deklaréieren, datt d'Viraarbechten net wäit genuch fortgeschratt waren an datt de Projet net kéint op d'Schinn gesat ginn. Bis zu de Wahlen am Juni 1999 war et hir net méiglech, en deementspriechende Projet de loi ze déposéieren.

Du sinn d'Wahle komm, d'Wahle vum 13. Juni ´99. D'CSV/DP-Koalitioun huet sech och virgeholl, de Projet BTB ëmzesetzen. Den Transportminister Henri Grethen huet en neit Mobilitéitskonzept ausgeschafft mam Numm mobilitéit.lu a wollt domat méi eng nohalteg Mobilitéit zu Lëtzebuerg an d'Wee leeden. Bei der Presentatioun vu sengem Konzept huet de Minister Grethen deklaréiert, datt de Kierchbierg duerch en Train-tram mat der Stater Gare géif verbonne ginn, an dat a Kombinatioun mam Bus. En deementspriechende Projet de loi ass den 11. November 2003 vun der Chamber gestëmmt ginn, huet awer keng Suite méi kritt.

Déi nächst Regierung. No de Wahle vum 13. Juni 2004 ass de Projet BTB vun der folgender Regierung opgegraff ginn. Am Regierungsprogramm huet déi nei gebilten CSV/LSAP-Koalitioun mam Transportminister Lucien Lux sech souwuel op d'Etüd Luxtraffic, déi mëttlerweil schonn zéng Joer um Bockel hat, gradesou wéi och op d'Mobilitéitskonzept vum Minister Grethen beruff an huet d'Kreatioun vun engem komplette Réseau Train-tram ugekënnegt.

Mat dësem Projet wollt dës Regierung méi wäit goe wéi hir Virgänger. Nieft deem scho geplangte Réseau hat den Transportminister Lucien Lux nämlech wëlles, nach zousätzlech Quartieren un den Tram unzeschléissen. Dat ass awer net esou komm, well Mëtt November 2005 koum et zu engem monumentale Revirement, wéi d'Vertrieder vun der CFL dem BTB e Gnadestouss versat hunn. D'CFL huet deklaréiert, datt de Projet Train-tram virun allem aus Sécherheets- a Capacitéitsgrënn net realiséierbar wier an datt den Ëmbau vun der CFL-Infrastruktur op d'mannst zéng Joer, wann net méi, géif daueren.

D'Regierung huet awer net kapituléiert. Si huet en Aarbechtsgrupp an d'Liewe geruff, deen als Missioun hat, alternativ Systemer zum BTB ze analyséieren. Schonn am Mäerz 2006 louchen d'Resultater vir. Si hunn ausgesot, datt déi optimal Léisung géif am Tram léger leien.

Fir dëse Projet ze konkretiséieren, huet d'Regierung zesumme mat der Stad Lëtzebuerg den 21. Juni 2007 de Groupement d'Intérêt Économique Luxtram gegrënnt, dee mer haut nach hunn. Dëse GIE, wéi e genannt gëtt, hat als Optrag, e Projet de loi auszeschaffen, deen all Aspekter vum Projet Tram géif erfaassen, vu sengem Finanzement bis hin zu senger Realisatioun a senger Exploitatioun. D'Objektiv war, am Joer 2014 mat der Konstruktioun vum Tram unzefänken an am Joer 2017 fäerdeg ze ginn. D'Broschür „Mobile 2020 - Mobilitéit, déi beweegt", hat Der all an de Boîten, se ass an all Haushalt verdeelt ginn, mat der Informatioun vum Transportminister Lucien Lux, datt den Tram léger géif gebaut ginn.

Duerno sinn nees Wahle komm. Et war déi véiert a lescht Legislaturperiod virun de Wahle vum 21. Oktober 2013, an et war um Nohaltegkeets- an Infrastrukturminister Claude Wiseler, fir d'Relève vum Projet ze iwwerhuelen. Ënnert dem Numm MoDu huet de Minister e Mobilitéitskonzept ausgeschafft, wat op eng interaktiv Approche an op d'Komplementaritéit vun den eenzelne Verkéiersystemer gesat huet. Och him dofir e grousse Merci am Numm vun der Rapportrice.

Une voix.- Très bien!

Mme Josée Lorsché *(déi gréng), rapportrice.-* Domat hat de fréieren Nohaltegkeetsminister de Referenzkader fir d'Mobilitéitspolitik vun de folgende Jore gesat an de Grondsteen fir dëse Projet de loi geluecht.

De 4. Oktober 2013 huet den Här Wiseler de Projet de loi 6626, wéi ufanks gesot, déposéiert, mam Zil, de Bau vun enger Tramslinn tëschent der Gare an dem Kierchbierg definitiv ëmzesetzen.

De Regierungsprogramm vun der aktueller DP/LSAP/déi-gréng-Regierung, -Koalitioun och genannt, huet de Bau vun dëser Linn bestätegt. Awer net nëmmen: De Regierungsprogramm vun 2013-2018 gesäit och vir, datt déi zweet Phas, an zwar den Ausbau a Richtung Findel an Héienhaff op där enger Säit, an Houwald, Gaasperech, Cloche d'Or op där anerer Säit, beschleunegt soll ginn. An et ass do, wou mer haut stinn.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat war mäi Réckbléck op déi lescht 20 Joer Mobilitéitspolitik zu Lëtzebuerg. E war vläicht e bëssen extensiv, mä 20 Joer sinn 20 Joer. Et ass mir drëms gaangen, ze weisen, wéi vill politesch Energie schonn an de Projet Tram investéiert ginn ass, ier e fuere kann.

Ech kéim dann zum Objet vum Gesetzesprojet, wou ech fir den technesche Volet op d'Pläng an op d'Grafike wéilt verweisen, déi un de Gesetzestext attachéiert sinn.

Kuerz gesot, dëst Gesetz erlaabt der Regierung, sech mat der Zomm vun 230,520 Milliounen Euro u folgende Realisatiounen ze bedeelegen:

1) um Bau vum éischten Tronçon vum Tram, deen d'Stater Gare mam Kierchbierg verbënnt;

2) um Bau vum Centre de remisage et de maintenance;

3) un der Acquisitioun vun de sougenannten „Rames", déi d'Passagéier beförderen;

4) un der Ëmsetzung vun de Kompensatiounsmoossnamen;

5) un den deementspriechenden Etüden.

Dëse Montant gëtt zweemol am Joer un de Präisindex ugepasst an entsprécht der Part vun zwee Drëttel, déi vum Stat gedroe ginn, während de leschten Drëttel un d'Stad Lëtzebuerg fält. D'Aarbechte ginn als Utilité publique deklaréiert, inklusiv dem Bau vum Centre de remisage et de maintenance.

De geplangten Tronçon huet eng Längt vu 7,5 km a begräift folgend Elementer: Plattformen, op deenen den Tram en site propre circuléiert mat 15 Statiounen, déi an der Moyenne 500 Meter vuneneen ewech leien; dernieft fënnef Multimodalstatiounen, déi d'Kombinatioun vum Tram mam Zuch, Bus, Auto a Vëlo wäerten erméiglechen. Den Tableau a mengem Rapport informéiert am Detail iwwert déi verschidde Kombinatiounen, jee no Statioun.

Déi zweet Realisatioun ass wéi gesot de Centre de remisage et de maintenance, deen dräi Mis-